

Présidence: M. Laurent Mosar, Président

Sommaire

6497 - Projet de loi portant modification

- de la loi modifiée du 4 décembre 1967 concernant l'impôt sur le revenu;
- de la loi modifiée du 16 octobre 1934 concernant l'impôt sur la fortune;
- de la loi générale des impôts modifiée du 22 mai 1931 («Abgabenordnung»);
- de la loi modifiée du 30 juin 1976 portant 1. création d'un fonds pour l'emploi; 2. réglementation de l'octroi des indemnités de chômage complet;
- de la loi modifiée du 22 décembre 2006 promouvant le maintien dans l'emploi et définissant des mesures spéciales en matière de sécurité sociale et de politique de l'environnement;
- de la loi modifiée du 12 février 1979 concernant la taxe sur la valeur ajoutée;
- de la loi modifiée du 30 juillet 2002 déterminant différentes mesures fiscales destinées à encourager la mise sur le marché et l'acquisition de terrains à bâtir et d'immeubles d'habitation (suite)

6500 - Projet de loi concernant le budget des recettes et des dépenses de l'État pour l'exercice 2013 (suite)

- Discussion générale commune: M. Marc Spautz (à qui M. François Bausch pose trois questions, Mme Viviane Loschetter intervient), M. Claude Meisch, M. Alex Bodry

Au banc du Gouvernement se trouvent: Mme Mady Delvaux-Stehres, MM. Luc Frieden, François Biltgen, Mars Di Bartolomeo, Jean-Marie Halsdorf, Claude Wiseler et Mme Françoise Hetto-Gaasch, Ministres.

(Début de la séance publique à 9.03 heures)

► **M. le Président.** - Ech maachen d'Sitzung op.

Huet d'Regierung eng Kommunikatioun ze maachen?

(Négation)

Dat schéngt net de Fall ze sinn.

Haut de Moien hu mer d'Diskussiounen zum Projet de loi 6497, zesumme mat de Budgetsdebatten. D'Riedezäit ass nom Modell 7 festgeloegt, an et hu sech bis elo ageschriwwen: déi Häre Spautz, Meisch, Bodry, Bausch, Gibéryen, Urbany, Wolter an Etgen.

Ech wollt lech drop hiweisen, datt dës Debatt och erëm a Gebärdesprooch iwwersat gëtt a wollt all eenzelne Riedner dowéinst bidden, och wann dat heiansdo schwéierfält, e bësselche méi lues ze schwätzen.

Als éischte Riedner ass den honorabelen Här Marc Spautz agedroen. Här Spautz, Dir hutt d'Wuert.

6497 - Projet de loi portant modification

- de la loi modifiée du 4 décembre 1967 concernant l'impôt sur le revenu;

- de la loi modifiée du 16 octobre 1934 concernant l'impôt sur la fortune;

- de la loi générale des impôts modifiée du 22 mai 1931 («Abgabenordnung»);

- de la loi modifiée du 30 juin 1976 portant 1. création d'un fonds pour l'emploi; 2. réglementation de l'octroi des indemnités de chômage complet;

- de la loi modifiée du 22 décembre 2006 promouvant le maintien dans l'emploi et définissant des mesures spéciales en matière de sécurité sociale et de politique de l'environnement;

- de la loi modifiée du 12 février 1979 concernant la taxe sur la valeur ajoutée;

- de la loi modifiée du 30 juillet 2002 déterminant différentes mesures fiscales destinées à encourager la mise sur le marché et l'acquisition de terrains à bâtir et d'immeubles d'habitation (suite)

6500 - Projet de loi concernant le budget des recettes et des dépenses de l'État pour l'exercice 2013 (suite)

Discussion générale commune

► **M. Marc Spautz** (CSV). - Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, ier ech zum Budgetsrapport 2013 kommen, wollt ech awer nach fir d'Éischt e grouse Merci a mengem perséinlechen Numm wéi och am Numm vun eiser Fraktioun dem Budgetsrapporteur, dem honorable Lucien Lux, iwwermëttelen.

De Rapporteur huet a sengem detailräiche schrëftlechen a mëndleche Rapport duergeluecht, wéi wichteg et ass, den aktuelle Statsdefizit schnellstméiglech ze reduzéieren, wa mir eiser Jugend hir Zukunft net wëlle verbauen. Net fir näischt huet en den zweeten Deel vum Titel, deen de Rapporteur sengem Bericht ginn huet, «un projet pour nos jeunes, un projet de confiance» genannt.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mir si mëttlerweil am Joer fënnef vun der Kris. Fënnef Joer, wou d'Wirtschaft net méi esou dréint, wéi mir dat déi lescht 20 Joer gewinnt waren. Fënnef Joer, wou manner Wuesstum an deemno manner Räichtum do war. Fënnef Joer vu steigende Chômagezuelen, fënnef Joer, wou d'Schéier vu Recetten an Dépenses ausernegeet, a fënnef Joer vu fortlaufendem Defizit.

Dës fënnef Punkten hunn eppes gemeinsam. Brénge mir et net an deenen nächste Méint a Jore fäerdeg, dës fënnef Tendenzen ëmzekéieren an déi Kurskorrekturen, déi noutwendeg sinn, gemaach ze kréien, mat all deenen Défien, déi déi nächst Joren nach wäerten op eis duerkommen, da gesäit a mengen Aen net ganz gutt fir eist Land aus, op jidde Fall net fir d'öffentlech Finanzen. An de Finanzminister, de Luc Frieden, wéi och de Statsminister, de Jean-Claude Juncker, hunn och scho wéi oft op dës Problematik, déi net eleng fir Lëtzebuerg ass, well mir si keng Insel, higewisen.

Et ass mat eise Statsfinanzen de Moment net esou gestallt, wéi mir dat gewinnt waren. Dofir probéiere mir jo och zënter Méint, dës Message zesumme mat der Regierung no baussen ze droen. Leider ass et, menger Meinung no, nach net richtig gelongen, dem eenzelne Bierger bewosst ze maachen, dass eist Land sech matzen an engem Strukturwandel befënt, dass mir neien, onbekannten Zäiten entgéintsteieren an dofir eist Land aneschtens an nei mussen opstellen.

Leider hunn och dacks kuerzfristeg Partikularinteresse méi Opmierksamkeet wéi d'Suerg ëm d'Land, dat mir eise Kanner a Kandskanner hannerloossen. Elo kann ee sech d'Liewen natierlech ganz einfach maachen an dës nei Realitéit einfach ignoréieren oder soen, d'Regierung wier eenzeg an eleng Schold un där ugespaanter Lag vun eisem Land. Esou einfach ass et awer net! Dofir ee kleng Rappel: Wéi 2009

dat éischt vollt Krisejoer duergeschloen huet, ass déi aktuell Koalitioun op de Wee gaangen, eng antizyklesch Politik ze fueren, déi, mengen ech, ze soe vun alle Parteien an der Chamber gedroe gouf.

Mir hu wëssentlech a wëllentlech d'Dépense vum Stat während zwee Joer net reduzéiert, an der Hoffnung, dass d'Kris bis 2011 eriwwer ass. D'Vergaangenheet huet nämlech gewisen, dass Krisen an der Regel innerhalb vun zwee Joer eriwwer sinn. Dës Regel huet dës Kéier leider net gespillt. An dëser Zäit sinn d'Einnahmen net méi am selwechten héije Mooss geklomme wéi d'Dépensen, am Géigendeel! Eis Dépense si weidergelaf a souguer nach geklommen, well déi voluntaristesche antizyklesch Politik, déi souwuel de Privatstéit wéi och eiser Wirtschaft zeguttkomm ass, gouf et jo net zum Nulltarif. Si huet iwwer eng Milliard kascht a gouf finanziéiert vun de Reserven, déi mir an de sougenannte fette Joren ugeluecht haten.

Mat dësem Apel fir den Duuscht si mir bis 2010 gutt iwwert d'Ronne komm. Duerno war d'Déppe leider net méi voll. No 2010 ass d'Schéier vun den Dépensen zu de Recettë weider auserneegaangen, obwuel d'Recetten nach ëmmer ganz dynamesch a weider an d'Luucht gaange sinn, mä leider net genuch, fir dee gesamtstaatlechen Équilibre kënnen ze halen. Dofir hu mir an de leschten zwee Joer massiv misse emprunt ophuelen. Dat ass e Riseproblem fir d'Zukunft vun eisem Land. Eis Dépense steigen nämlech strukturell esou staark, dass eis Finanzen, ouni Scholden ze maachen, komplett aus dem Rudder géife lafen.

Ech erënneren an dësem Kontext drun, dass mir jo net eréischt zënter gëschter amgaange sinn ze probéieren, eis Statsfinanzen erëm an den Équilibre ze kréien. Mir hunn am Joer 2010 en éischte Konsolidéierungspak vun iwwer 700 Milliounen ugeholl. Dat dierf een net vergiesse. An awer klëmmt den Différentiel tëschent den Einnahmen an den Ausgabe weider un.

Här President, dee wirtschaftlechen Opschwung an Europa ass bis haut ausbliwwen. Als exportorientéiert Natioun deet eis dat méi wéi, wéi deene Länner mat enger staarker Bannennofro, well déi kënnen dat kompenséieren. Manner Wuesstum bedeit fir onst Land manner Räichtum. Dofir kréie mir den Defizit vun enger Milliard beim Zentralstat, dee mer zënter 2010 duergesamt antizyklesch Politik ugehäuft hunn a virun eis hierschleefen, net ofgebaut. Dat ass, nieft verschiddenen Automatismen an eisem Budget, déi ausuferen, de Grund fir déi prinzipiell finanziell Problemer beim Stat, déi mir awer gewëllt sinn, als Koalitioun unzegoen. Et ass dofir wichteg ze soen, dass d'Zukunft vum Land net op engem ausufernde Budgetdefizit kann opgebaut ginn. Dat ass an der Koalitioun erkannt ginn an d'Rudder gouf erëmgerappt.

Mam Budget fir d'Joer 2013 ass en éischte Schratt op dësem Wee gemaach ginn. E Schratt, deen awer net duergeet. Do mussen nach weider Moossnamen kommen, an déi kommen, dozou hu sech d'Koalitioun an d'Regierung engagéiert. Ech kommen zum Schluss vu menger Interventioun op dese Punkt zrëck.

Här President, d'Oprou war grouss am Land, wéi mir als Fraktioun eis Aschätzung geäussert hunn, dass d'Defizitreduzéierungen, déi am Budget 2013 virgesi waren, eiser Meinung no net géifen duergoen. Et ass gesot ginn, mir géifen dem Finanzminister an de Réck falen an déi ganz Regierung désavouéieren. Dat ass falsch! Richtig ass, dass et éischer rar ass, dass en déposéiert Budget hei zu Lëtzebuerg nogebessert ginn ass. An anere Länner, ob dat elo Frankräich, Däitschland ass, fir nëmmen eis Nopeschlänner ze huelen, ass dat gang und gäbe.

Mir wollten als Majoritéitsfraktioun soen, dass mir der Meinung wieren, dass et d'Zäit gëtt, dass mir eng Rei Saachen an eisem Land, deenen hir Inzidenzen hiren Nidderschlag am Budget fannen, mussen aneschtens gestalten. Dofir wollt ech nach eng Kéier erläutere, firwat mir déi Nobesserung gefuerdert hunn.

Et war fir eis ausschlaggebend, dass de Budget 2013 nach eng Kéier misst op de Leescht geholl ginn, an dat huet virun allem mat der Ausféierung vum Budget 2012 ze di gehat, deen eis eeschtaft Suerge gemaach huet. An der Mëtt vum Joer ass en nach vun engem previsibelen Defizit beim Zentralstat fir 2012 vun 800 Milliounen ausgegangen. Bei der Presentatioun vum Budget 2013 war et dann awer wierklech katastrophal, well et war en Defizit vun 1.650.000.000 Euro. Innerhalb vun nëmmen dräi Méint huet d'Situatioun sech dramatesch verschlechtert gehat, den Defizit hat sech quasi verduebelt! Dat war de Moment, wou fir eis

definitiv feststoung, dass mer missten d'Handbrems zéien an d'Budgetssanéierung méi konsequent ugoen an zesumme mam Finanzminister a mat der Regierung do déi néideg Moossnamen huelen.

Den Émstand an de Fait, dass eis Statsschold dat anert Joer bei iwwer 26% vum PIB oder 11,9 Milliarde wäert leien, hunn eis ugedriwwen, weider Moossnamen fir d'Defizitreduzéierung ze fuerderen, ze fannen an och ëmzesetzen. Wann ee bedenkt, dass duergesamt steigend Verschëldung eis Zënslaascht d'nächst Joer bei iwwer 200 Milliounen Euro läit - dat ass den Equivalent vun zwee fuschne Lycéien -, da mengen ech, ass de Message kloer, dass, wann näischt Substanzielles am Statsbudget geschitt, da komme mir onweigerlech an eng Spiral, déi dohinner féiert, wou aner Länner an Europa ukomm sinn.

En aneren, net manner wichtige Punkt, deen eis zu eiser Konklusioun komme gelooss huet, war den Émstand, dass d'Regierung e Projet op den Instanzewee geschéckt huet, deen net op der Trajectoire war, wou et wichtig ass, dass mer de Budgetséquilibre kéinten an deenen nächste Joren erreechen. Wéinst de grad genannte Punkten, an nëmmen dofir, si mir als Majoritéitsfraktiounen zum Entschluss komm, dass et gutt wier fir eist Land, wa mir de Statsdefizit méi wäit géifen zrëckféieren, wéi dat am initiale Budgetsprojekt virgesi war.

D'Fraktiounen vun der Majoritéit hunn hir Responsabilitéit iwwerholl, wéi et drop ukomm ass, an der Regierung beim Konsolidéierungseffort gehollef. Et geet hei eenzeg an eleng ëm d'Zukunft vun de jonke Generatiounen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, «voir, juger, agir», de Leetsproch vum Kardinol Cardijn, hunn ech d'lescht Joer an der Debatt zum Budget op dës Tribün genannt. Ech identifizéiere mech mat deem Leetsproch a si frou, dass ech a menger politescher Aarbecht mech och d'lescht Joer bei deene wichtige Dossieren do derno gericht hunn.

Mir hunn de Problem nämlech net nëmme scho méi laang erkannt, mä mir sinn eis eens ginn, den Challenge vun der neier, konsequenter Budgetssanéierung unzegoen. Mir hunn, obwuel vill Leit eis dat net zougetraut hunn, als Majoritéitsfraktiounen zesumme mat der Regierung d'Léisung fonnt, déi eis nees op d'Trajectoire vum Budgetséquilibre zrëckbréngt, wuel wëssend, dass dat bei enger Quasistagnatioun vum Wirtschaftswuesstum extrem schwieereg, jo vläicht souguer onméiglech gëtt ze erreechen.

Mir hunn et also gemeinsam fäerdegbruecht, d'Statsfinanzen ëm 952 Milliounen ze verbessere oder, anescht ausgedréckt, den Defizit ëm 952 Milliounen ofzebauen. Dat Ganzt geschitt an dräi grouse Bléck: 251 Milliounen Aspierungen op der Dépensesäit, 414 Milliounen op der Recettësäit, 287 Milliounen, wou mer d'Investitiounen aneschtens strukturéieren.

Här President, erlaabt mer, kuerz op déi virgenannte Punkten anzegoen an an dësem Kontext dem Rapporteur vum Steuerpak, mengem Frënd Gilles Roth, villmools Merci ze soe fir säi ganz informativen a komplette schrëftleche Rapport. Datselwecht gëllt fir säi mëndleche Bericht, deen hie gëschter Moien hei an der Chamber virgedroen huet, wou hie ganz sachlech duergestallt huet, wat déi eenzel Mesurë fir den eenzelne Bierger an d'Betriber bedeiten.

Fir eis sinn déi 952 Milliounen Defizitreduzéierung am Budget 2013 ee Ganzt. Et dierf een dofir net eng Mesure lassgelooss vum där anerer kucken, well all eenzel Mesure ass u sech kritisch a kann, ob zu Recht oder net, hannerfrot an a Fro gestallt ginn. Dat ass awer net eis Approche. Et ass fir eis e Pak, e sozial équilibréiert Pak, wou jiddwereen am Land, ob Salarié, Pensionnaire oder Betrib, no senger Méiglechkeet säin Undeel muss leeschten. Et gëtt hei keen aus senger Verantwortung gelooss. Et ass e kollektiven Effort, dee vu jiddwer Eenzelnem Effort verlaangt. Et ass keng eesäiteg Austeritéitspolitik a mir üben och net de soziale Kahl-schlag aus. Dee fënnst am Moment an anere Länner vun der Europäescher Unioun statt, mä net zu Lëtzebuerg!

Ech erënneren drun, dass mir bis 2014 all 1. Oktober vum Joer eng Indextranche garantiéieren.



ren. Den Accord salarial an der Fonction publique kënnt, wann och méi spéit, an de Mindestloun gëtt op den 1. Januar 2013 gehéicht. An engem Ablack, wou an aneren europäesche Länner d'Léin net nëmmen agefruer, mä carrément erofgesat ginn, gëtt zu Lëtzebuerg d'Entwécklung vum Loun garantéiert. Mir hunn also all Efforté gemaach, fir engersäits d'Kafkraaft ze erhalen, an andersäits Suerg gedroen, dass déi nei Belaschtunge sozialgerecht an équilibréiert sinn.

D'Kritik, dass d'Konsolidéierungsmesurë majoritär zu Laaschte vum kleng Mann vun der Strooss an dem schaffende Vollek sinn, sinn dofir falsch! Wa mer och d'Opdeelung vun deene 414 Milliounen u Steierrecettë kucken, da ginn d'Kapital an d'Entreprise mat 43% méi staark belascht wéi d'Privatpersounen, wou et 40% sinn. Ausserdeem kann een déi 40% net allegueren an datselwecht Dëppe geheien, well bei dese 40% sief och nach eng Kéier drun erënnert, un de Motto, dass déi breet Schëllere méi mussen droe wéi schmueler.

Mat dësem Pak ginn déi sougenannten „Déck“ méi staark belascht wéi déi Kleng, woubäi mir nach ëmmer schleierhaft ass, wou fir déi Einzeldeene Décken ufänkt respektiv dee Klengen ophält. Déi Lescht, déi eng Definition vum Décke ginn hunn, ware viru Kuerzem d'Stëftung Caritas an d'Stëftung déi Gréng (veuillez lire: an d'Gréng Stëftung), déi des Grenz bei fënnemol de Mindestloun fixéiert hunn, dat sinn 9.232,55 Euro brutto de Mount. Ab deem Moment wier d'Kannergeld, laut hinne, net méi auszebezuelen. Dont acte: 9.232,55 Euro. All déi, déi drënner wieren, wieren da keng Déck.

Dir gesitt, d'Vueën op dësem Punkt gi wäit ausserneen, well aner Leit stelle sech aner Plafonge vir, wou déck a schmuel ufänken. Jiddefalls, wat meng Fraktioun a meng Partei ugeet - fir déi aner hei am Haus kann ech jo net schwätzen - gesi mir dat net op deem doten Niveau.

Mä zréck zum Konsolidéierungspak. En anere Punkt sinn d'Halbéierunge vun der Ofsetzbarkeet vun de Schuldzënsen. Dës Moosnam trëfft och éischter dee mat de breede Schëllere wéi dee mat de schmuelen. Fir déi maximal 652 Euro integral kënnen ofzesetzen, muss ee bei deenen heitege Konditiounen, fir Suen ze léinen, e Prêt à la consommation vun op d'mannst 25.000 Euro opgehol hunn. Ausserdeem soll mat dëser Mesure och der Problematik vun der Iwwerverschëldung entgéintgewierkt ginn, eng Thematik, déi mer jo och gëschter hei laang behandelt hunn, wéi mer iwwer privat Faillité geschwat hunn.

Des Weideren hu mir och bei deene méi breede Schëlleren de Spëtzeiteersaz op 40% eropgesat fir de Montant iwwer 100.000 Euro besteierbart Akommes. Dat ass fir déi Leit, déi e monatlecht besteierbart Akommes hu vun 8.333 Euro. Besteierbar, net ze verwiessele mat brutto. Fir déi sougenannte Besserverdänger hu mir des Weideren d'Solidaritéitssteuer nach eng Kéier no uewe geschrauft fir e Revenu annuel impossible an der Steuerklass 1 vun iwwer 150.000 Euro. Also iwwer 12.500 Euro de Mount brutto geet de Prozentsaz vu 7% op 9% an d'Luucht. Fir d'Steuerklass 2 gëllt dësen Taux ab engem jährelche Bruttoakommes vun 300.000 Euro.

Dës grad genannte Mesuren hu folgend Auswierkung fir déi breet Schëlleren: Ech huelen d'Beispill vun enger Persoun aus der Steuerklass 1 mat engem jährelche Bruttoakommes vun iwwer 150.000 Euro - also mat iwwer 12.500 Euro brutto de Mount, an deen och nach seng Déduction forfaitaire de frais de déplacement ka geltend maachen -, dee bezilt aktuell 51.190 Euro u Steieren. Duerch déi nei Mesurë muss dës Persoun ab 2013 53.202 Euro bezuelen. Dat ass e Plus vun 2.012 Euro. Eng Persoun mat engem jährelche Bruttoakommes vun 100.000 Euro, also 8.333 Euro besteierbar, muss 892 Euro méi bezuelen. An eng Persoun mat engem jährelche Bruttoakommes vu 25.000 Euro, also 2.083 besteierbar de Mount, muss bei deenen neie Steiermesuren 58 Euro pro Joer méi bezuelen.

Dir gesitt mat dësem Beispill, dass et sozialgerecht gegliedert ass. Dee méi verdéngt muss, prozentual gesinn, vill méi e groussen Effort leeschte wéi deen op der ënneschter Lounskala. Dat sinn eis konkret Schrëtt fir eng sozial équilibréiert Politik.

Ech hu virdru gesot, dass all Mensch un der Budgetssanéierung muss participéieren. Et gouf vill Kritik, dass d'Pensionnären hiren Ajustement net ausbezuelt kréichen. Ech soe bewosst „net ausbezuelt“, well mir hunn am Géigendeel zu deem, wéi et dobausse véhiculéiert gëtt, den Ajustement net ofgeschaaft, mä just, dës Joer gëtt en net bezuelt. Mir hunn dee generéiste Pensionssystem vun der Welt. Ausserdeem ass d'Altersarmut hei zu Lëtzebuerg dank eisem Pensionssystem bal keen Thema

méi, mä mir kenne virun allem éischter Jugendarmut wéi Altersarmut. Dofir muss et och erlaabt sinn, dass eis Pensionnären, och am Kontext vum Generatiounekontrakt, hire Bäitrag zur Budgetssanéierung leeschten.

Et kritt keen eppes ewechgehol, just manner bäi. Dat ass en Ennerscheed mat de Länner wéi Griichenland, Spuenien a Portugal. A verschidde Rentner - ech weess net, wéi et bei lech war -, déi hu sech och déi lescht Deeg gemellt: „Mir hu geduecht, mir géifen d'Allocation de fin d'année gestrach kréien“. Déi sinn de leschte Méindeg awer ausbezuelt ginn, wat 709,80 Euro dee Mount brutto ausmécht.

D'Argument vun de sougenannten Hungerrenten, dat an dësem Kontext och ëmmer erëm opkënn, hu mir d'lescht Woch am Kader vun der Pensiounsreform zu engem groussen Deel geléist, wou mir d'Grondrent als eenzeg no uewen ugepasst hunn. Dat huet och Inzidenzen op d'Mammerent, déi mir net ofgeschaaft hunn. Mir hu se elo op den Niveau zréckgefouert, wou se eigentlech beim Rentendësche ugesot gouf.

Här President, ëmmer erëm kënnt d'Kritik op, dass vill Betriber hei am Land keng oder nëmme ganz weineg Steiere bezuelen. Och an der Öffentlecheit herrscht d'Meenung vir, dass d'Betriber an d'Kapital méi staark zur Keess solle gebiede ginn. Mir waren als Majoritéitsfraktiounen och zum Deel där Meenung, dass et net ka sinn, dass verschidde Betriber guer net belascht ginn, während vun all Bierger e gewëssenen Effort verlaangt gëtt. Dofir hu mir decidéiert, an dat ass en Novum, dass bei der Betriebsbesteuerung fir d'éischte Kéier eng Minimalsteuer agefouert gëtt, déi jee no der Bilanzsumm variéiert, en einfachen a faire System, wou jiddwer Betrib säi Bäitrag muss leeschten. Ob dat alles dee richtege Wee ass an ob et déi Suen erabrëngt, déi mer brauchen, dat wäert d'Zukunft weisen.

Wann een eng méi grouss Belaschtung vun de Betriber fuerdert, dann dierf een och net vergiessen, dass d'Solidaritéitssteuer fir d'Betriber op 7% klëmmt. Ausserdeem gëtt d'nächst Joer och d'Steier fir d'SOPARFlen, trotz ville Bedenken aus dem Secteur an dem Statsrot, verduebelt vu 1.500 op 3.000 Euro. Bei der Besteuerung vun de Stock options kënnt et zu fundamentalen Ännerungen, déi net manner wéi 50 Milliounen Euro an d'Statskeess sollen erspullen. Am Ganze steiere Betriber a Kapitalbesteuerung eng 180 Milliounen zu de Mehreinnahmen bäi.

Net nëmmen d'Bierger an d'Betriber bedeelege sech un der Budgetssanéierung, och d'Gemeenge mussen hire klengen Deel leeschten. Hinne gëtt awer näischt gestrach. Si mussen an Zukunft erëm Solidaritéitssteuer bezuelen. Dat ass net nei. Dat gëtt et fir d'Gemengen zënter der Stolkris an den 80er Joren. Si ass ni ofgeschaaft ginn, si war just op den Taux null zréckgefouert ginn a gëtt elo op 2% fixéiert.

Léif Kolleegen, Dir gesitt also, dass et falsch ass, dass just de Mann vun der Strooss d'Haaptlaascht vum Konsolidéierungspak muss stemmen. De Konsolidéierungspak ass esou getässelt, dass vun de Leit mat méi héije Revenuen e bedeitend méi grouss Solidaritéits-effort verlaangt gëtt, an och d'Betriber gi méi an d'Responsabilitéit geholl.

Här President, e puer Wuert zu den Investismente. Bei den Investitionsausgabe gëtt et Aspierungen an der Héicht vun 287 Milliounen Euro. An de leschte véier Joer louch den Invest ëmmer iwwer 1,6 Milliarden Euro. Mir fueren also e bëssen zréck. Net egal wéi: D'Regierung huet e Screening bei den Investismente gemaach, nom Credo, dass an Zukunft prioritär dat muss gebaut ginn, wat eist Land no vir bréngt a fit mécht fir d'Zukunft. Dat sinn d'Infrastrukturen, déi et eis erlaben, weider ze wuessen an déi zukünftég Défien ze meeschteen, fir dass an eisem Land och weiderhi ka gutt gelieft, geschafft an investéiert ginn. Dat si Stroossen, Schinnen - zënter e puer Deeg ass Lëtzebuerg-Péiteng elo zweegleiseg -, Schoulen a Lycéeën, Kliniken, administrativ Gebaier, IT-Infrastrukturen; am Résumé Infrastrukturen, déi mer mussen hunn, fir eist Land zukunftsäeg ze gestalten.

Dat sinn d'Prioritéite vun der Regierung. Bei all deenen anere Projekte muss ee sech soen „aufgeschoben ist nicht aufgehoben“, och wann d'Zäite vum „nice to have“ definitiv eriwuer sinn.

Dat bréngt mech och elo zum Thema, wou ech déi lescht Wochen a Méint plazeweis ferm an der Kritik war, well ech an engem Lieserbrëif iwwert d'Thema Tram geschriwwen hat.

Ech muss soen, ech hat net domat gerechent, esou eng grouss Opmierksamkeet ze kréien, souwuel an der Stad Lëtzebuerg...

(Interruption)

...wéi och am Land, an ech wëll do nach eng...

► **M. Gast Gibéryen** (ADR).- Do war jo och keng Absicht derhannert.

► **Une voix**.- Neen, et war guer keng Absicht derhannert.

► **Mme Josée Lorsché** (déi gréng).- Just e kleng Widdersproch.

► **Mme Viviane Loschetter** (déi gréng).- Et ass een net Fraktiounschef fir näischt!

► **M. François Bausch** (déi gréng).- Et war Zoufall. Ech géif soen, dat wär Zoufall, Här Spautz, ne?

► **Une voix**.- Et war en Erfolgeserlebnis, Här Spautz.

► **M. Marc Spautz** (CSV).- Mä déi Fro, déi sech jo elo stellt, ass, wéi ech et dann elo mam Tram halen.

► **Plusieurs voix**.- Ja?

► **M. Marc Spautz** (CSV).- Dat ass jo elo déi Fro, déi och déi lescht Wochen am Stater Gemengerot...

► **Mme Viviane Loschetter** (déi gréng).- Mir zidderen.

► **M. Marc Spautz** (CSV).- Oh, ech gleewen net, Madame Loschetter, dass Dir ziddert. Dir braucht och keng Ursach ze hunn, fir ze zidderen.

Ech war just erstaunt, dass de Schäfferot doriwwer eng Pressekonferenz gemaach huet, wat ech awer verstinn, an ech weess dat jo och, ech hunn...

► **M. François Bausch** (déi gréng).- Et war net de Schäfferot, dee se gemaach huet.

► **M. Marc Spautz** (CSV).- Ah, den Här, déi zwee...

(Interruptions)

► **Mme Viviane Loschetter** (déi gréng).- Keng Vermeschung, keng Vermeschung!

(Hilarité et interruption)

► **M. Marc Spautz** (CSV).- Ech weess och, dass mer an där Motioun, déi mäi Kolleg, de Serge Wilmes, eraginn hat, festgehalten haten, zwee Drëttel zu engem Drëttel vun de Finanzen, mä ech mengen, et muss een alles ëmmer kënnen eng Kéier hannerfroen, an duerfir war ech wierklech iwwerrascht. Well ech hu kee Problem mam Tram...

► **M. François Bausch** (déi gréng).- Et weess een nach ëmmer net, wat Är Meenung ass!

► **M. Marc Spautz** (CSV).- Majo, ech si jo, Här Bausch, ech sinn amgaang...

► **Une voix**.- Keng Opreegung, net dass Der nach en Häerzinfarkt maacht!

(Brouhaha)

► **M. Marc Spautz** (CSV).- Här Bausch, ech sinn amgaang. Ech kommen drop. Ech sinn der Meenung, dass, och wann ee vun där ganzer Geschicht Tram iwwerzeegt ass, da muss een awer kënnen hannerfroen, wéi et ass mat de Käschten, mat de Fraisen a mat dem Finanzement. Och wann de Prinzip stëmmt, dee mer ofgemaach hunn a wou de Serge Wilmes jo déi Motioun eraginn hat, déi och majoritär hei an der Chamber gestëmmt ginn ass,...

► **Mme Viviane Loschetter** (déi gréng).- Och vun lech.

► **M. Marc Spautz** (CSV).- ...vun zwee Drëttel an engem Drëttel...

Jo, och vu mir.

...vun zwee Drëttel an engem Drëttel, dann däreer een awer, wann d'Finanzsituatioun sech ännert, och nach eng Kéier d'Fro vun der Finanzéierung stellen. Ech wëll just drun erënnere - ech weess net, ob nach ee vun de Kolleegen heibannen ass, ech mengen dach -, dass nämlech...

► **M. le Président**.- Den Här Bausch wëll lech eng Fro stellen, Här Spautz.

► **M. Marc Spautz** (CSV).- Jo, Här Bausch.

► **M. François Bausch** (déi gréng).- Ech wollt lech just soen, Här Spautz: Sidd Dir dann der Meenung, datt Der iwwerrascht gi sidd - Enn November hutt Dir Är Tribün geschriwwen -, Dir sot, datt d'Finanzsituatioun sech esou geännert huet? Sidd Dir iwwerrascht ginn dovunner? Wosst Dir dat, wéi mer dat doten decidéiert hunn hei virum Summer, fir déi Motioun ze stëmmen? Dat ware véier Méint virdrun. War d'Finanzlag do esou anescht, oder hat Der déi Zuelen net, oder wosst Der dat alles net?

► **M. Marc Spautz** (CSV).- Majo, d'Finanzlag...

(Interruption)

► **M. François Bausch** (déi gréng).- Gelift?

(Interruption)

Neen, ech schwätze jo vun de Statsfinanzen, den Här Spautz seet jo, d'Statsfinanzen...

(Interruptions)

Ah, dat kann een esou gesinn, dat kann een esou gesinn.

► **Mme Viviane Loschetter** (déi gréng).- Dat ass och näischt Neits!

► **M. François Bausch** (déi gréng).- Doriwwer diskutéiere mer net hei, ob et eis gutt geet oder net.

(Hilarité)

► **M. Marc Spautz** (CSV).- Neen, Här Bausch, Dir musst entschëllegen, ech hat dat virdru gesot, mir haten am Juni, wéi de Minister an der Kommissioun war, en Defizit vun 800 Milliounen, a wéi de Budget presentéiert ginn ass am Oktober, war de Budget (veuillez lire: den Defizit) ëm 1,5 Milliarden, dat war eng grouss Steigerung. Am Juni,...

(Interruption)

...do waart Der och dobäi, wéi mer...

► **Mme Viviane Loschetter** (déi gréng).- Da muss mer de Minister och nach froen.

► **M. Marc Spautz** (CSV).- Neen, dat huet näischt mam Minister ze dinn. Dir wësst esou gutt...

► **Mme Viviane Loschetter** (déi gréng).- Ma dach!

► **M. Marc Spautz** (CSV).- Madame Loschetter, Madame Loschetter, wann den Här Bausch...

► **M. François Bausch** (déi gréng).- Wann d'Zuelen esou änneren...

(Interruptions)

► **M. Marc Spautz** (CSV).- Den Här Bausch ass ëmmer derbäi, wa mer all sechs Méint - all dräi Méint, pardon! - déi Ziedelen an der Finanzkommissioun virgeluecht kréien, an déi, déi mer am Juni kritt hunn, waren anerer wéi déi am September. A wéi ech den Artikel geschriwwen hunn, war ech nach vun deem aneren ausgaangen.

(Brouhaha)

► **M. François Bausch** (déi gréng).- Mir schwätzen herno nach doriwwer.

► **M. Marc Spautz** (CSV).- Jo, mir schwätzen herno nach driwwer.

► **M. Félix Braz** (déi gréng).- Här Spautz, leet Är Rudder an op d'Säit a fuert weider.

► **M. François Bausch** (déi gréng).- Sidd um zwou Auer alt emol schonn hei de Mëtteg, dat ass...

(Hilarité)

► **M. Marc Spautz** (CSV).- Här Bausch, dat loosse ech mer net entgoen.

Duerfir wëll ech och drun erënnere, dat Haus hei...

► **M. Félix Braz** (déi gréng).- Dir kritt eng Medail am Rudderan.

► **M. Marc Spautz** (CSV).- ...dat Haus hei, an ech weess net, ob nach een heibannen ass, deen dat deemools matgestëmmt huet - ech mengen zwar, de Fernand Boden war deemools schonn hei -, do hat d'Chamber decidéiert, en neit Gebai ze bauen, an zwar um Hellege Geescht.

► **M. Fernand Boden** (CSV).- Jo, jo, dat hunn ech matgemaach.

► **Mme Anne Brasseur** (DP).- Ech war och dobäi.

(Hilarité)

► **M. Marc Spautz** (CSV).- Voilà, do hat d'Chamber...

► **M. Gast Gibéryen** (ADR).- Mir hu scho vill al Leit heibannen.

(Hilarité générale)

► **Mme Anne Brasseur** (DP).- Jo, den Här Gibéryen ass...

(Interruption et hilarité générale)

Den Här Gibéryen ass esou al wéi ech, wollt ech soen. Dee gehéiert och zu den ale Leit.

► **M. Gast Gibéryen** (ADR).- Ech war awer elo roueg.

(Hilarité)

► **M. Marc Spautz** (CSV).- 1981 war dat Gebai decidéiert ginn. Et sollt um Hellege Geescht gebaut ginn an d'Chamber hat et schonn déci-



déiert, an opgrond vun der finanzieller Situation vum Land an opgrond vun der Budgetssituation huet duerno d'Chamber decidéiert, dat Gesetz zrëckzezéien, well d'Suen net do waren duerch d'Stolkris, fir ze bauen. Dat ass also de Beweis, dass och schonn Décisiounen geholl gi sinn, souguer vun der Chamber geholl gi sinn, déi zrëckgesat gi sinn.

► **M. Gast Gibéryen** (ADR).- Esou maache mer et och mam Tram.

(Hilarité)

► **M. Marc Spautz** (CSV).- Dës Woch huet d'CGFP e Communiqué erausginn no hirer Ständekonferenz. Do huet se nach eng Kéier drageschriwwen, dass deen Accord, dee se mam Här Minister Biltgen a mat der Madame Ministesch Modert fonnt huet, ënnerschriwwen war an dass dee mat hirem Averstännis ëm zwee Joer ausgesetzt ginn ass, och dat als Bäitrag zu der Sanéierung vun de Statsfinanzen!

Duerfir war ech e bëssen iwwerrascht vun där Reaktioun vun der Stad Lëtzebuerg. Ech sinn der Meenung, dass een de Prinzip vun zwee Drëttel/een Drëttel roueg ka festhalen. Mä iwwert d'Modalitéite muss et jo awer méiglech sinn, dass ee kann diskutéieren an dass ee ka verhandelen, dass, wann 315 Milliounen an der Motioun vu mengem Frënd Serge Wilmes drastinn, ee jo och soe kann, et gëtt e Subsid vun 210 Milliounen. Mä dat sinn Diskussiounen, Froen, déi ech opgeworf hunn, mä et ass net u mir, am Numm vun der Regierung ze verhandelen.

Mä ech wëll awer och soen, et ass jo net nëmmen hei zu Lëtzebuerg, wou ee sech déi Fro stellt, well an der Zeitung „Le Monde“ - dat ass jo keng Zeitung, déi ech ka beaflossen -, do stoung och dran,...

► **Une voix**.- Neen.

► **M. Marc Spautz** (CSV).- ...dass ee sech misst...

► **M. François Bausch** (déli gréng).- Stoung do eppes iwwert d'Stad Lëtzebuerg dran?

► **M. Marc Spautz** (CSV).- Neen, net iwwert d'Stad Lëtzebuerg, Här Bausch, mä do steet dran: «Le tram en bout de course. Paris, Lyon, Dijon: les frais dépassent tout», just fir lech dat ze soen. Dat ass den „Le Monde“ vum 24. November 2012.

(Interruption)

Et ass just, fir dat gesot ze hunn, duerfir dierf een awer net soen.....

► **Mme Viviane Loschetter** (déli gréng).- Hutt Der den „Le Monde“ vu virgëschter gelies?

► **M. Marc Spautz** (CSV).- Neen, den „Le Monde“ vu virgëschter hunn ech net gelies.

► **M. le Président**.- Här Spautz, den Här Bausch stellt lech nach eng Kéier gären eng Fro.

(Interruption)

► **M. François Bausch** (déli gréng).- E muss mer keng Äntwert ginn. Wëllt en net, da stellen ech keng. Decidéiert Dir fir hien, Här Haupt?

(Interruptions diverses)

► **M. Norbert Haupt** (CSV).- ...Dir sidd jo och ëmmer amgaang, dertëschantzerieden...

► **M. François Bausch** (déli gréng).- Also, normalerweis hunn ech zwar, wann ech do stinn, kee Problem, wann ee mer Froe stellt, ob Dir dat sidd oder en aneren. Ech mengen, dat belieft awer e bëssen d'Diskussioun. Mir schlofe schonn oft genuch an hei an der Chamber bei Rieden, déi erofgelies ginn.

► **Une voix**.- Awer elo net, elo net!

► **M. François Bausch** (déli gréng).- Ech mengen, et ass besser an net schlecht, wann Animatioun kënnt.

Här Spautz, ech muss lech soen, ech hunn Ären Artikel awer ganz gutt gelies. Hat Der dann awer net do geschriwwen, dass déi Eenzeg, déi vun dem Tram a vun der Noutwendegkeet iwwerzeegt wären, de Schäfferot vun der Stad Lëtzebuerg wär? An do hutt Der geschriwwen hannerdrun, wann dat dann esou ass, wa mir dat gären onbedéngt an der Stad hätten, da misste mer et och selwer finanzéieren. Et stoung dach awer wuertwärtlech an Ärem Text dran.

Dir hutt d'Noutwendegkeet vum Tram an Ärem Text a Fro gestallt, oder?

► **M. Marc Spautz** (CSV).- Also, ech soen nach eng Kéier: Déi éischt Prioritéit muss sinn, d'Leit an d'Stad ze bréngen, an dann, wa mer

se eréischt an der Stad hunn, da maache mer d'Verdeelung. Wann ee vu Prioritéite schwätzt, ass fir d'Éischt d'Prioritéit, dass mer se mussen vu ronderëm bréngen an d'Stad, ier mer d'Verdeelung kënne maachen. Well déi Autobunnstauen, déi mer moies hunn, déi léise mer och net eleng doduerch, dass mer en Tram schafen.

► **M. Gast Gibéryen** (ADR).- Très bien!

► **M. Marc Spautz** (CSV).- Mir müssen déi Garé baue ronderëm...

► **M. François Bausch** (déli gréng).- Äntwert mer op meng Fro: Hutt Der dat esou geschriwwen, wéi ech dat gesot hunn, jo oder neen?

(Interruptions)

► **M. Marc Spautz** (CSV).- Ech hu gesot, et muss een hannerfroen, ob den Tram noutwendeg ass oder net...

(Interruptions)

► **M. Gast Gibéryen** (ADR).- Et huet zwar laang gedauert, mä elo si se drop!

► **M. François Bausch** (déli gréng).- Voilà, voilà. Also huet et näischt mam Finanzement ze dinn, also huet et eppes domat ze dinn, dass Der den Tram a Fro stellt.

► **Une voix**.- Okay.

► **M. Marc Spautz** (CSV).- Neen, Hauptpunkt ass de Finanzement, Här Bausch. Wann een aner Liquiditéiten huet, huet een aner Moyenen.

► **Une voix**.- Très bien!

► **Une autre voix**.- Neen, esou ass et net gaangen.

► **M. Marc Spautz** (CSV).- Ech wollt och just soen, Dir kënnt jo - Dir sidd jo als Stad Lëtzebuerg, wat eng gutt Saach ass, am QuattroPole amgaang - och emol eng Kéier mat Äre Kollege vu Metz, vun Tréier a vun Arel schwätzen, wéi déi de Problem ugaange sinn.

(Interruption)

Och déi hu Léisunge fonnt an och déi sinn amgaang do Saachen ze bauen, notament zu Metz, wou déi néideg Investissementer gemaach ginn. Mä firwat awer d'Fro och ass...

► **M. François Bausch** (déli gréng).- Wie finanzéiert déi dann zu Metz?

► **M. Marc Spautz** (CSV).- Ma déi ginn deelweis vum RER, deelweis vun der Region, deelweis vum FEDER...

► **M. François Bausch** (déli gréng).- Wou kommen déi Suen hier? A wou kommen déi Suen hier?

► **M. Marc Spautz** (CSV).- Mä de FEDER kënnt duerch Programmer, déi extra do waren.

► **M. François Bausch** (déli gréng).- Neen, de Gros vun de Suen, Här Spautz, dee kënnt vum Zentralstat, vum franséischen Zentralstat, déi ginn... also vun der franséischer Regierung.

► **M. le Président**.- Neen, esou kënne mer awer elo net weiderfuere. Et ass hei keen Dialog elo tëschent dem Här Spautz an dem Här Bausch.

► **M. François Bausch** (déli gréng).- Et ass awer interessant, Här President.

(Hilarité)

► **M. le Président**.- Et ass vläicht ganz interessant, mä féiert déi passionnant Diskussioun da virun der Dier virun.

► **Plusieurs voix**.- Oh neen!

► **Une voix**.- Déi gehéiert heihinner!

► **M. François Bausch** (déli gréng).- Haut de Mëtteg féiere mer se weider!

► **M. Marc Spautz** (CSV).- Da wollt ech och soen, wa mer scho vun de Finanzéierung schwätzen, dann dierf een och d'Gemegefinanzen an deem Kader jo net aus den Ae verléieren. Mir hunn an de Gemegefinanzen en Dokument den 18. Oktober 2012 vum Innenminister an der Finanzkommission ausgedeeelt kritt vun iwwer 40 Säiten, wou drasteet, wat déi eenzel Gemeinde kréien, ob dat ass am Fonds de dotation oder ob dat ass den ICC direct oder indirect, wéi d'Berechnung ass vun de Flächen, wéi dat alles opgedeelt gëtt. Ech mengen, dass et wichteg ass, dass mer eng Reform kréie vun deene Gemegefinanzen.

(Interruptions)

Do vertrauen ech och voll dem Syvicol an dem Conseil supérieur des finances communales an dem Innenministère, fir dass mer do eng nei Regelung kréien!

Fir mech schéngt et och kloer ze sinn, dass eis Hauptstadt do eng extra Roll an extra Aufgabe muss iwwerhuelen an dass dat och muss extra berücksichtegt ginn, genauso wéi et fir mech kloer muss sinn, dass déi Flächegréisst vun enger Gemeng muss berücksichtegt ginn an

och d'Längte vun de Leitungsnetzer, dass dat och wichteg Saache sinn, déi an där Berechnung mussen erauskommen. Dass et awer do simple au double ausgeet: Wann een zu Beaufort wunnt - an ech mengen, de Lucien Lux huet et den Dënschdeg och scho gesot gehat -, sinn et 2.227 Euro, a wann een an der Stad Lëtzebuerg wunnt, sinn et der 4.421!

Ech mengen, dass et wichteg ass, dass de Syvicol zesumme mat der Stad Lëtzebuerg, zesumme mat dem Conseil supérieur des finances communales a virun allem mam Minister et fäerdegbréngt, dësen Tableau aneschtens kënne opstellen. Ech hunn hei nach eng Kéier déi Grafik, wou een nach eng Kéier op dat hiweist - déi am „Lëtzeburger Wort“ war, ech mengen, déi sech baséiert...

► **M. François Bausch** (déli gréng).- Sidd de Mëtteg ëm zwou Auer heil!

► **M. Marc Spautz** (CSV).- ...déi op dat Dokument sech baséiert, wat de Minister vum Intérieur an der Finanzkommission ausgedeeelt huet -, dass et och do wichteg ass, dat ze maachen, dass een och gesäit, dass dräi Gemengen d'Reserven hu vum Lëtzeburger Land, déi mer jo och ëmmer am Statsbudget ausweisen - zesumme mat där vun der Sécurité sociale - an och deementspreechend an Europa eraginn.

En anere Punkt, deen een och net dierf vergiessen, wann ee vu Gemegefinanze schwätzt, dat ass de Wunnengsbau. Ech mengen, am Pacte Logement hunn am Ganzen 99 Gemengen elo ënnerschriwwen, an déi hu sech kontraktuell verflucht, 50.000 Wunnenge mëttelfristeg op hiren Territoiren ze bauen. Et ass also och wichteg, an et ass net, wéi och plazeweis gesot gëtt, dass am Wunnengsbau iwwerhaupt näischt géif geschéien.

De Minister Schank huet net méi spéit wéi d'lescht Woch e Projet hannerluecht, fir en nationaalt Siedlungsentwécklungsgesetz kënne ze maachen. Et ass gemaach ginn: mat dem Aménagement communal, do hu mer e Virkafrecht kritt, an d'Besteuerung, d'Befreiung vun der Plus-value bei der Besteuerung, wann d'Gemengen drop histeieren. Des Weidere si mer amgaangen, drun ze schaffen, fir och kënne endlech de Plan sectoriel «logement» auszuweisen, soubal déi véier Plans sectoriels kommen, an dat wäert och mat derzou bäidroen, dass mer de Problem vun de Wunnengen an den Terraine méi kleng wäerte kréien.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mat Moossnamen an Héicht vun 952 Milliounen Euro hu mir als Majoritéitsfraktiounen an Zesummenaarbecht mat der Regierung et fäerdegbruecht, de Budget fir 2013 ze konsolidéieren. Dat war eng éischt wichteg an och richtig Etapp. Weider Ustrengunge mussen awer folgen, wa mir definitiv der Defizitspiral wëllen entkommen. Mir sinn eis bewosst, dass mir den Hauptbrocken eigentlech nach virun eis hunn. D'Grimmele léns a riets sinn elo zesummegekier an elo muss mir eis mat de grouse Stécker vum Kuch beschäftegen.

Et heescht, strukturell Reformen a Kurskorrekturen unzegoen, déi néideg sinn, fir de Budget substanzuell a laangfristeg ze entlaaschten. Dofir muss eng Aart Stufeplang op d'Bee gesat ginn, dee sech iwwer e puer Joer wäert erstrecken. An dësem Sënn hunn d'Regierung an d'Majoritéitsfraktiounen sech geeenegt, jo verpflichtet, de Statsbudget no strukturelle Spuermoossnamen ze duerchforsten a bis d'Fréijoer 2013 konkret Proposen op den Dësch ze leeën. Dobäi ginn ausnahmslos all grouss staatlech Ausgabebléck op de Préifstand geholl.

Ech deelen op dësem Punkt d'Aussoe vum Minister Schmit, deen an engem Radiosinterview gesot huet, dass fir hien all Artikel am Statsbudget muss gekuckt an hannerfrot ginn. Genee wéi de Minister Schmit gëtt et fir eis an dësen Zäite keng Tabuen! Et kann an et muss een iwwer alles diskutéieren a wann néideg nei verhandelen.

Dat gëllt souwuel bei de Fonctionnementskäschte wéi och bei der Investitiounspolitik wéi bei de Sozialtransferten, sief et am Fonds pour l'Emploi, wou mir iwwert de Finanzement vun de Beschäftigungsinitiativen, de Réemploi, de Reclassement schwätzen, sief et an der Familljepolitik, wou déi sozial Selektivitéit méi eng grouss Gewichtung muss kréien, oder am Bereich vun de Subventionen un d'Gemengen, Entreprises a Privatstéit. Iwwerall gëllt, dass jiddwer Budgetposten dohinner muss analyséiert ginn, ob e sengem ursprünglechen Zil nach ëmmer gerecht gëtt oder net. E Beispill sinn d'Subventionen um Partikelfilter bei den Dieselauteo, déi keng Daseinsberechtigung méi hunn a folgerichtig vun der Regierung ofgeschafft goufen.

Här President, mam Vote vun dësem Budget gëtt fir eis kee Schlusstréck ënnert dës Diskussiounen gezunn. De Géigendel wäert de Fall sinn! An den nächste Méint ass eng weider finanzpolitisch Detailaarbecht ugesot, woubäi

een allerdéngs séier Konklusiounen a Schëss aus der Héft muss évitéieren. Et ass nämlech méi komplex, wéi einfach nëmmen ze mengen, mam Kierzen hei oder do wier et gedoen.

Bei alle méigleche Konsolidéierungsmoossname geet et nämlech drëm, genee drop opzepassen, dass se mëttel- a laangfristeg keng negativ sozial an ekonomesch Inzidenze bewierken, déi d'Konsumverhale vun de Leit respektiv déi wirtschaftlech Aktivitéiten an eise Land géifen ofschwächen. Aus dësem Grond wier et och net gutt, an dësem Moment eng Ännerung un den TVA-Sätz virzehuelen, wat dat nämlech géif belastschen.

Här President, spueren ass kee politesche Selbstzweck. Dofir steet fir meng Fraktioun den aktuellen an zukünftigen Konsolidéierungspak vum Statsbudget ënnert der Prémisse vun der wirtschaftlecher Vernunft a sozialer Verantwortung. Op e Budgetsreduzéierungsprogramm vun 952 Milliounen follegt en ambitiösen Aarbechtsprogramm fir Strukturreformen, déi geännerte wirtschaftlechen an haushaltspoliteschen Gegebenheete wäerte Rechnung droen. Et muss eis geléngen, dass mer et fäerdegbréngen, den Defizit ze bremsen an d'Schéier méi no zesummenzebréngen. Mir sinn optimistesches, dass mer dat zesumme mat der Regierung an zesumme mat den zoustännige Ministere wäerte fäerdegbréngen.

Als positive Mënsch denken ech a gleewen ech un d'Zukunft vun eise Land, an ech hunn deementspreechend d'Hoffnung, dass mir et wäerten all zesummen, kollektiv fäerdegbréngen, eise System an deenen nächste Joren esou ze adaptéieren, dass mir e strukturell entlaascht kréien, dass mir dann d'Kéier kréien an eise Kanner a Kandskanner och weiderhin eng Perspektiv an dësem, an eise Land kënne ubidden.

Dofir mäi vollt Vertrauen un d'Regierung, un de Finanzminister, an och am Numm vun der CSV-Fraktioun ginn ech d'Zoustëmmung zu dësem Budget.

Merci.

► **Plusieurs voix**.- Très bien!

► **M. le Président**.- Merci dem Här Marc Spautz. Als nächste Riedner ass den Här Claude Meisch agedroen. Här Meisch, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Claude Meisch** (DP).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mir gesinn eis de Moien hei nees erëm eng Kéier zu enger Budgetsdebatt. An nees erëm eng Kéier huet een d'Gefill, dass x gutt gemengte Propose vun der Säit vun der Majoritéit, sief et am Rapport oder vun deenen anere Spricheer oder och vum Minister hei gemaach ginn. Nees erëm eng Kéier gëtt fest dokumentéiert, dass d'Intentioun do wär, d'Saachen ze änneren. An esou Debatten hate mer jo schonn am Laf vun deene leschte Joren. All Joer huet de Budgetsrapporteur gutt gemengte Virschlei a sai Rapport gepaakt, mam Resultat allerdéngs oft, dass alles beim Ale bliwwen ass.

Oft hu mer iwwert d'Sanéierung vun de Statsfinanze geschwat, mir hunn eng nei Ausgabekultur hei zesummen oft gefuerdert, mam Resultat, dass quasi alles beim Ale bliwwen ass.

Oft hu mer hei iwwert de Chômage, iwwert d'Kompetitivitéit an iwwer wirtschaftlech Problemer geschwat, mat ganz konkrete Reformprogrammer, déi um Dësch louchen,...

(Interruptions diverses)

► **M. le Président**.- Ech bieden lech, dem Här Meisch nozelauschten!

► **M. Claude Meisch** (DP).- Et kéint interessant ginn, Här President, do hutt Der recht!

...mat konkrete Reformpunkten. Ee vun deene Reformprojeten hat 65 Punkten, en aneren huet 21 Punkte gezielt, mam Resultat, dass och do bis ewell villes beim Ale bliwwen ass.

Och dëst Joer huet de Rapporteur, de Lucien Lux, d'Fanger an eng ganz Rei vu Wonne geluecht, an och wann hie sech als Budgetsrapporteur besonnesch kritesch mat der Finanzpolitik vum Lëtzeburger Land ausenanergesat huet, esou zweifelen ech dach awer drun, dass alles dat, wat hie kritiséiert huet, sech elo schnurstracks géif änneren.

Trotzdem e Merci un de Lucien Lux, hien huet, wéi all Budgetsrapporteur, mengen ech, eng Fläissaarbecht gemaach an en huet och net gezéckt, eng Rei vun Defiziter vun eise Statsgefüge hei opzezeechnen, wou mer sécherlech déi nächst Méint nach mussen eis méi intensiv domadder beschäftegen.

Et kéint ee sech eigentlech als Oppositionspolitiker elo hei eng Freed draus maachen, d'Regierung virzeféieren, wéi se falsch louch mat all hire Prognosen aus de leschte Joren, wéi se ouni Strategie sech vun den Evenementer joe gelooss huet. Dee ganzen Hickhack ëm en Accord salarial kéint een nach eemol dévelloppéieren.



Dee ganzen Hickhack ronderëm d’Krisesteier kéint een emol nach eng Kéier op der Zäitschinn hei dokumentéieren - et war jo eigentlech onvirstellbar -, déi onvirstellbar Situatioun, déi mer erlieft hunn, datt mer an engem Dag zwou Pressekonferenzen haten, eng Kéier eng moies vum Finanzminister, eng mëttes vun de Ministere Modert a Biltgen. Moies ass gesot ginn, mir mussen spueren als Lëtzeburger Stat, mëttes ass ugekënnegt ginn, datt méi Geld sollt ausgi ginn.

Och de Budgetsrapporteur vun haut, dee sech virun zwee Deeg jo hei als grouse Warner eigentlech profiléiert huet, jo, och hien huet - an et ass nach net emol anerhallet Joer hier - behaupt gehat, datt d’Kris eriwuer wär a mer bräichte keng noutwendeg Reformen ze maachen a mer kéinte ganz einfach alles esou weiderlafe loosse.

Et kéint een dann nach eemol drop zrëckkommen, datt déi lescht Tripartite-Ronne gescheitert sinn, datt de Lëtzeburger Modell geplätzt ass, datt et en eigentlech an där Form net méi gëtt, grad an enger Zäit, wou mer e brächten, wou de Sozialdialog extrem wichteg wär, fir datt mer d’Forces vives vun dësem Land beieneg gëfe kréien, fir sech eng Rei vu wichtige Orientatiounen zesummen ze ginn, a wou jiddwereen op senger Plaz kéint derzou bäidroen, zum Succès vun der ganzer Aktioun.

Et kéint een emol all déi Reformen nach eng Kéier opzielen, déi d’Regierung sech mat deierem Geld erkaf huet, d’Schoulreform duerch d’Erhéijung vun de Salairé vun de Schoulmeeschteren, d’Reform an der Fonctioun publique, de Statut unique. Alles dat huet de Lëtzeburger Stat a finalement de Steierzueler och richtig deiert Geld kascht.

Et kéint een emol kucken, d’Halbwäertszäit vum Finanzminister, dem Luc Frieden, senger Budgetsentwërf ze berechnen. Fir eenzel Majoritéitsdeputéiert läit se do anscheinend emol net méi bei e puer Stonnen!

Et kéint een dann nach eng Kéier méi am Detail op den Defizit 2012 agoen, wou mer jo eng Prognos hate vun 1,1 Milliarden Euro, déi de Stat méi géif ausgi wéi e géif erakréien. D’Realitéit weist eis, datt mer 2012 1,6 Milliarden, also bal 50% méi Defizit wäerte maachen. A fir 2013, trotz éischtem Spuerpak, trotz zweitem Spuerpak, gëtt dann nach eng Kéier gesot, datt mer deeselwechten Defizit vun 1,1 Milliarde wäerte maachen, wéi mer prognostizéiert hate scho fir 2012.

Et kéint een dann eigentlech genësseerlech als Oppositionspolitiker heihinnerkommen an dee „Fokus“-Artikel aus de leschten Deeg hei eigentlech integral virlesen, wou getitelt gëtt: „Schlaraffenland ist abgebrannt“, „ënner anere awer och „Luxemburg in der Mega-Krise“, „Bankenkrise, der Anfang vom Ende“, „Von einer Krise in die nächste“, „Junge Luxemburger ohne Perspektive“.

A fir dat Ganzt zum Schluss vläicht ofzerënnen, kéint een dann op déi haut extrem eidel wierkend Slogane zrëckkommen, déi d’Majoritéitsparteien an de leschte Joren an de Wahlkampf doruechter transportéiert hunn, sief et dee vum „séchere Wee“ oder vun „Mir paken et un“. Allze einfach Slogane sinn dat doten, déi der Realitéit net méi gerecht ginn.

Jo, wann d’Situatioun net esou eescht wär, da kéint ee sech domadder beschäftegen. Hei geet et awer ëm méi wéi ëm e politesche Schlagabtausch, deen annerhallet Joer virun enger nächster Wahlchance stattfënnt a wou Einzelner, mengen ech, d’Impressiounen mussen ze hunn, eigentlech schonn déi Wahlchance do net schnell genuch kennen erbäisehen.

Et geet hei ëm net méi an net manner wéi ëm eis Zukunft, virun allem ëm d’Zukunft vun eise Kanner. Et geet drëms, ob Lëtzebuerg dat formidable Land matten an Europa bleift, dat mer kennen, dat et versteet, wirtschaftlech Dynamik mat sozialem Ausgleich ze verbannen, oder ob mer riskéieren ofzerutschen, fir d’Eischt an d’Mëttelmooss an duerno an d’Bedeutungslosigkeit.

Et ass net de Moment hei, fir Parteipolitik ze maachen, et ass de Moment, fir ze probéieren, d’Enner nees beieneenzekréien. Et ass de Moment, fir Verantwortung ze iwwerhuelen, fir nom Land an net no där enger oder där anerer Partei ze kucken, an d’Demokratesch Partei ass bereet, déi dote Verantwortung ze iwwerhuelen, Verantwortung fir eist Land!

Fir datt mir eis de Wuelstand erhalte kënnen, mussen mer eis änneren. Fir datt munneches kann esou bleiwen, wéi et ass, mussen mer fir d’Alleréischte och munneches a Fro stellen. Mir mussen eis virun allem un eng nei Realitéit upassen an där d’erfuerderung keng weider Zäit verléieren. Vill ze vill Zäit hu mer eigentlech an deem dote Prozess scho verluer, wann ee bedenkt, datt mer zanter 2006 hei iwwer noutwendeg strukturell Upassungen a Reformen schwätzen.

Allerdéngs kënnen mir mat deem, wat d’Regierung, wat d’Majoritéitsparteien hei als Spuerpak virgueluecht hunn, kënnen mir als Demokratesch Partei domat net d’accord sinn. Éischstens, well et eigentlech kee Spuerpak ass, mä virun allem e Steierpak, an zweetens, well et eiser Meinung no eigentlech net drëms geet, et esou ze maachen, wéi d’Majoritéitsparteien et hei gemaach hunn, nämlech just un e puer Schrauben dréinen ze goen, fir dann e bësse méi Geld an d’Keess ze kréien.

Et geet hei wierklech drëms, fundamental och Politik eng Kéier a Fro ze stellen a se dann ze änneren, wa se dann net méi klappt: Politik ze änneren, well se keng Resultater bréngt, Politik ze änneren, well se scho länger Zäit net méi an déi heiteg Zäit passt, a Politik ze änneren, well mer all Dag gesinn, datt se esou net méi ze finanzéieren ass.

Datt déi ablacklech Politik keng Resultater bréngt, datt misst eigentlech jiddwerengem an d’A sprangen, wann een d’Chômagezuele kuckt, wann een d’Situatioun beim Logement kuckt, wann een déi Desindustrialiséierung, déi jo net schläichend méi ass, mä déi lues a lues a galoppéierende Charakter ugehall huet, wann een déi considéiert a wann een dann awer och virun allem de ramponéierte Charakter vum Grand-Duché am Ausland, virun allem a Wirtschaftskreesser, considéiert. Well et ass dat eigentlech e Fréi-Indikator iwwert d’wirtschaftlech Situatioun an d’wirtschaftlech Aktivitéit an den nächste Joren hei am Land. An deen ass alles anescht wéi bedeiend!

Et ass jo eigentlech en eemolege Virgang, datt eng Majoritéit higeet an dem Finanzminister, an net nëmmen dem Finanzminister säi Budgetsentwurf, mä der ganzer Regierung hire Budgetsentwurf nach eemol amendéiert. Ech weess net, wat d’Majoritéit do ugaangen ass, fir dat eben net scho virdru bei de Budgetspreparatiounen ze maachen. Ech huelen un, datt hei d’Zil an d’Ambitioun waren, fir Handlungsfähigkeit och aus der Chamber eraus vun de Fraktiounen kënnen ze dokumentéieren. An duerfir wäerte se wuel higange sinn an hunn an enger Rei vu wichtigen Eckpunkten dee Budget do nach eemol ofgeännert.

Effektiv, den Defizit, deen ass elo manner grouss wéi am éischten Entwurf vum Luc Frieden. Den Defizit gläicht awer nach ëmmer deem, wéi mer e fir d’Joer 2012 prognostizéiert hunn, a virdrun hunn ech jo scho gesot, datt d’Realitéit am Joer 2012 jo ëm 50% dépasséiert ginn ass.

An eisen Ae kann d’Budgetskonsolidéierung à moyen terme net nëmme mat Steiererhéijunge gemaach ginn. Eng ganz Rei vu Länner hunn dat bewisen, datt dat net klappt, datt dat net fonctionnéiert. Mir brauchen do niewendrun och Ausgabereduzéierungen, mir brauchen do niewendrun och konkret Impulser, fir d’Ekonomie nees un d’Rullen ze kréien.

Mir leien eigentlech do ganz no bei deem, wat och an enger Rei vun Avisé geschriwwen ginn ass am Laf vun deene leschten Deeg, wann ech do just deen Avis kucke vun der Cour des Comptes, dee ganz kloer seet, datt e Reformprogramm eigentlech nëmmen nohalte ka sinn, wann en den Hauptakzent op Ausgabereduzéierung bréngt.

D’Cour des Comptes huet dat dote scho fir de Budget 2012 an hirem Avis geschriwwen, huet eigentlech op deen doten Avis nëmmen nach eng Kéier brauchen zrëckzekucken. Mä d’Regierung, mengen ech, huet et bis ewell net richtig gelies oder net als hir Politik ugesinn. Si schéngen also do eng aner Analys an eng aner Strategie ze hunn.

An de Spuerpak vun der Regierung respektiv dee vun de Majoritéitsfraktiounen ass jo eigentlech e Steierpak mat ganz ville Steiergranaten dran. Ech brauch net méi nach eemol hei op all eenzel Steieraugmentatioun hinweisen: D’Solidaritéitssteuer, d’Mindestbesteuerung, de Spëtzesteiersaz, Akzisen a villes méi, dat fënnt een an deem Pak erëm. Et fënnt een awer kaum, et fënnt een eigentlech guer kee strukturellen Usaz, mat deem hei probéiert gëtt, d’Politik fundamental ze änneren.

An déi Duerstellung, déi gemaach ginn ass, wat dann elo iwwer Steiererhéijungen sollt den Effort ausmaachen, wat den Effort iwwer Aspueunge sollt ausmaachen a wat den Effort iwwer manner Investitiounen sollt ausmaachen, déi kann ee jo awer och nach eemol nach eng Kéier hannerfroen.

Et muss ee se hannerfroen zum Beispill, well an där Duerstellung jo net geschwat ginn ass vun der Netupassung vun der Steiertabell un d’Inflation, wat pro Joer jo nach eng Kéier ronn 130 Millioune méi wäert u Steierlaascht fir d’physisch Persounen hei am Land heeschen. Déi misst een eigentlech op d’Säit vun de Steiererhéijungen nach eng Kéier derbäischreien.

Op der Säit vun den Aspueuner, do stinn dann awer komescherweis jo Dépenses, déi net

gemaach ginn, Dépenses, déi een hätt kënnen zousätzlech maachen, mä déi elo net zousätzlech gemaach ginn, wéi d’Verrécke vum Accord salarial zum Beispill. Och dat ass eng komesch Notioun vu Spueren, wann ech soen, ech spueren eigentlech, andeem ech zousätzlech Dépenses net maachen. Fir mech ass Spueren eppes, andeem ech manner Dépense maachen, wéi ech gewinnt war.

Och datt een einfach esou emol higeet a seet: „Déi Investitiounen, déi mer manner maachen, dat ass en Aspueuner.“ Mir mussen awer wëssen, datt déi Investitioun, déi mer dëst Joer net maachen, datt mer se an deenen nächste Joren eng Kéier mussen maachen. A wa mer se net maachen, dann hu mer jo och kee Wäert geschafen duerch déi Investitioun, mir hunn och kee Notze vun där Investitioun. Dat einfach als rengt Aspueuner duerstellen, dat schéngt mer dach awer e bëssen einfach ze sinn!

Et gesäit een, datt et der Regierung, datt et der Majoritéit, datt et de Fraktiounen hei vun der Majoritéit eenzeg an eleng, souwuel am éischte Budgetsentwurf wéi am amendéierten Entwurf, drëms gaangen ass, fir Geld beieneenzekrazen, fir nach een, zwee oder dräi Joer déiselwecht Politik kënnen weiderzemaachen. Do si mir fundamental anerer Meinung! Mir mengen, datt fir d’Alleréischte d’Politik muss op de Préifstand kommen, datt d’Politik sech muss änneren.

Fir datt d’Politik sech ännert, mussen mer e Perspektivewissel eigentlech alauden, an et huet een d’Gefill, datt mer hei zu Lëtzebuerg nach ëmmer vill ze vill zrëckkucken, datt mer zrëckkucken op déi gutt Joren, datt mer zrëckkucken op déi Zäit, wou alles vum selwe gaangen ass a wou alles exzellent gedréit huet. Et riskéiert een allerdéngs, wann een dat mécht a seng Politik dorobber baséiert, déi falsch Konklusiounen ze zéien. Esou bereet een an eisen Aen d’Zukunft net vir!

Wa mer haut näischt wëllen änneren, da riskéiere mer, fréier oder spéider vu baussen iergendwann eng Kéier dozou gezwongen ze ginn. An eiser Meinung no däerf de Modell Griichenland kee Modell fir Lëtzebuerg sinn! Elo seet natierlech jiddweree mer: „Wéi kanns de higoen a Lëtzebuerg mat Griichenland vergläichen?“

Nun, grad wéi Griichenland et iwwer vill méi eng laang Zäit gemaach huet, mä trotzdem gemaach huet, si mir momentan hei am Land amgaangen, eise Wuelstand mat Scholden ze finanzéieren. Mir si momentan amgaangen, eng Milliard Euro pro Joer zousätzlech un Emprunt opzehuelen, fir eise Wuelstand eigentlech kenschlech kënnen op deem héijen Niveau do ze halen. Dat ass eppes, wat och a Länner wéi Griichenland laang Zäit geschitt ass a wat genau zu där Situatioun gefouert huet, datt Griichenland eben haut keng autonom Finanzpolitik méi ka maachen, mä datt et se quasi vu baussen, sief et vun den europäesche Partner, sief et awer och vun de Finanzmäert virgeschriwwen kritt.

Mir sinn eben och amgaangen, eng Milliard Euro an de System ze pompelen, déi mer mussen léine goen, Joer fir Joer. Wa mer d’nächst Joer wëllen 13 Milliarden ausginn, dann hu mer eng Milliard vun deenen 13 net, an déi mussen mer léine goen. An dat ass extrem bedenkelech! Déi Tendenz, fir nei Scholden ze maachen, déi ass jo mëttlerweil nach ëmmer net gedréit ginn, déi fiert eigentlech an deemselwechte Rhythmus riicht virun.

Et huet ee jo och net d’Gefill, wéi wann d’Regierung hei wierklech elo dee groussen Effort iwwer 2013 eraus géif plangen, fir 2014, 2015 an duerno, esou datt mer riskéieren, och weiderhin 2014, 2015, 2016 ouni Veränderung vun der Politik, ouni grondsätzlech Ännerung an der politescher Ausrichtung vun der Regierungspolitik nach eng Milliard Scholden d’Joer mussen maachen ze goen. Fir 2013, well jo eng Rei vun exzeptionelle Phenomeener am Laf vum Joer riskéieren opzetrieden, ass d’Regierung elo higaaen a gesäit schonn en dättelech méi héijen Emprunt, nämlech vun 1,5 Milliarde vir.

Da gëtt oft gesot: „Mir hunn nach e gutt Verhältnis Scholde respektiv Defizit par rapport zum PIB.“ Allerdéngs mussen mer do wierklech kucken: Wat heescht dat an enger Lëtzeburger Logik? Dee PIB, dee mer zu Lëtzebuerg hei schreien, dee schreie mer jo net nëmmen als Lëtzeburger eleng, mir schreien en net nëmmen als Résidenten eleng, mä mir erschafen e mat der Hëllef vun der gesamter Grenzregion.

Mir mierken och, datt dee PIB extrem fragil ass, datt mer am industrielle Beräich riskéieren, viles ze verléieren am Laf vun deenen nächste Joren, datt mer op der Finanzplaz an engem groussen Transformationsprozess sinn. An et ass déi Finanzplaz, déi de PIB jo awer nach héich hält momentan, esou datt mer riskéieren, do an deem Verhältnis, an dem Quotient Defizit-PIB, Scholden-PIB awer eng Kéier fréier oder

spéider ganz ferm erfieert ze ginn. A leschten Enns sinn et eigentlech jo d’Awunner, déi fir déi Statsschold do mussen de Kapp duerstellen, an net onbedéngt déi, déi de PIB erschafen. An do gesäit d’Statistik da scho ganz anescht aus: Wa mer den Defizit pro Kapp op den Awunner hei zu Lëtzebuerg rechnen, da si mer europawäit wierklech bei de Spëtzerreider.

Et soll ee sech och der Illusioun net higin, datt, jo, déi Kris sech do vum selwe géif regelen, datt no där Kris eigentlech alles erëm beim Ale wär. Weltwäit huet d’Ekonomie fundamental changéiert. Et koom zu grouse geopolitischen a geokonomeschen Emwälzungen am Laf vun deene leschte Joren, déi eigentlech accélériert gi sinn nach eng Kéier duerch déi Finanz- a Wirtschafts- a Banken- an elo Eurokris. An et wäert no där Kris näischt méi esou sinn, wéi et emol virdru war!

Et mierkt een, datt eng Rei vun europäesche Länner haut gutt dostinn, well se eigentlech matzäiten op e Reformprozess gaange sinn, well se matzäiten hir Systemer ëmgestallt hunn, well se matzäiten och net nëmmen hir Sozialsystemer mä och hir Ekonomie op déi nei globaliséiert Situatioun agefallt hunn. Et gesäit een awer och, datt et aner europäesch Länner ronderëm eis gëtt, déi riskéieren ofzeretschen, et zum Deel scho sinn, an nach weider et riskéieren.

Lëtzebuerg muss sech also och hei entscheiden, zu wat fir enger Kategorie vun europäesche Länner datt mir op Dauer wëlle gehéieren. Entweder maache mer eng Rei vu strukturelle Reformen hei zu Lëtzebuerg, fir de Wuelstand dauerhaft kënnen ofzesécheren, oder mir wäerten et vläicht nach e puer Joer - dräi, véier oder fënnf - packen an den abléckleche Liewensrhythmus an de Modell vu geschlechter nach weider kënnen mat Scholde finanzéieren, bis datt d’Realitéit eis dann och iergendwann eng Kéier definitiv wäert anhuelen, bis dann och anerer wahrscheinlech ronderëm eis d’Kontroll iwwert d’Finanzpolitik hei zu Lëtzebuerg wäerten iwwerhuelen.

Mir sinn also der Meinung, datt och Lëtzebuerg e couragéierte Reformprogramm brauch an datt een do virun allem muss iwwer Aspueuerungen diskutéieren, a manner iwwer Steiererhéijungen, datt mer do virun allem eise Wirtschaftsmodell mussen un eng nei Realitéit upassen, datt mer eise Sozialmodell mussen un eng nei Realitéit upassen.

An ech gesinn dat wuel als eng grouss Herausforderung, ech gesinn et awer net als eppes Negatives. Ech gesinn dat doten net als eng Katastroph. Ech gesinn, an de Budgetsrapporteur huet eigentlech och probéiert, dat awer ze ënnersträichen, datt mer eng ganz Rei vu Chancen an dësem Land hunn, datt mer och Potenzialen hunn, déi mer bis ewell net ugaange sinn, vläicht well mer et net néideg haten, vläicht well alles wierklech vum selwe gedréit huet. Mir mussen och higoen an dat doten neit Potenzial entdecken an et fräisetzen!

Potenzial fräisetzen, dat kënnen mer awer och nëmmen, wa mer eis e Stéck wäit vun der Vergaangenheet léisen. Potenzial fräisetzen, dat geet net, wa mer un der Vergaangenheet wëlle peche bleiwen. Et ass méiglech an eisen Aen, och eng besser Politik ze maachen, eng zäitge méiss Politik ze maachen, eng Politik, déi de Leit souguer heiansdo méi bréngt mat manner Geld. Mir mengen duerfir, datt vill méi dran ass, wat d’Politik hei zu Lëtzebuerg ubelaangt, wéi dat, wat mer momentan all Dag gesinn.

Mir kënnen méi effizient schaffen, mir kënnen méi bedarfsorientéiert schaffen hei zu Lëtzebuerg, amplaz Problemer mat Geld a mat Scholden zouzetippen. Mir kënnen eis Ekonomie, mir kënnen eise Sozialstat nohalte stärken, amplaz kuerzfristeg déi Lächer, déi sech am Budget opdinn, ëmmer nëmme mat neie Steiergranate probéieren ze stoppen. Mir kënnen eppes maache fir eis Kompetitivitéit, wa mer ganz besonnesch déi Kompetitivitéit vun den Haupthandelspartner ronderëm eis am A behalen. Well mir riskéieren do jo, eigentlech zweemol duerch déi ablécklech Kris ze verléieren: eng Kéier, well mir näischt maachen, an eng Kéier, well d’Länner ronderëm, jo, déi sinn amgaangen, sech nei opzetellen, déi sinn amgaangen, eng Rei vu Reformen ze maachen. An deen Écart an dee Retard, déi mir haut schonn op si hunn, déi riskéieren, nach méi grouss ze ginn.

Mëttelfristeg - an dat ass, mengen ech, och fir eis kloer an dat ass e grouse Konsens, dee mer eigentlech jo heibannen hunn - mussen mer den Defizit ofbauen an d’Scholdepolitik stoppen. A fir eis ass kloer, datt do den Haapteffort, an ech hunn et scho gesot, op der Ausgabesäit muss



geschéien. Konsolidéierung iwwer Steiererhéijungen, dat ass mëttel- a laangfristeg dee falsche Wee, an duerfir brauche mer eng Alternativ dozou.

Déi Alternativ muss, mengen ech, esou ausgesinn, datt mer eng Rei vun Ausgabeprogrammer, wa se sech dann als ineffizient erweisen hunn, jo, datt mer se stoppen, datt mer se net weiderlafe loossen, datt mer net souguer, wat mer heiansdo maachen, soen: „Dann huele mer nach méi Geld, well dann erreeche mer da vläicht iergendwann och eng Kéier eppes.“ Neen, mir müssen dann och eng Kéier éierlech sinn a soen: „Dat doten, dat huet näischt bruecht“, a vläicht nei Politiken erfannen.

Mir mussen vläicht och emol Aspuerunge bei den Dépensé virhuelen, fir ebe grad och Drock op d'Politik kënnen ze maachen, fir Saache grondsätzlech ze iwwerdenken, grondsätzlech a Fro ze stellen, fir vläicht nei politesch Schwéierpunkten och emol nees erëm eng Kéier kënnen ze setzen. Well et ass jo eigentlech ganz einfach, nëmmen un der Steierschrauf ze dréinen, fir sech dann net selwer, och als Politiker, müssen a Fro ze stellen a keng nei Weeër brauchen ze goen.

Ech mengen och, datt d'Kompetitivitéit ka gestärkt ginn, wa mer op deene richteg Plazen usetzen. Dat heescht fir eis net, datt mer d'Budgetsanéierung wëllen esou ugoen, datt mer mat der berühmter Méimaschinnemethod virginn, datt all Budgetsartikel eigentlech ëm x Prozent soll gekierzt ginn. Dat ass ze einfach an dat fonctionnéiert an eisen Aen och net.

Fir eis geet et virun allem drëms, datt mer d'Politik kritesch hannerfroen, datt mer eis d'Fro stellen: Hu mer déi Ziler erreecht, déi mer eis mat deene Politiken do ginn hunn? Datt mer eis d'Fro stellen: Sinn déi Ziler nach déi richteg, a bräichte mer net éischter e Politikwiessel, amplaz datt mer mat méi Geld ëmmer just déiselwecht Politik probéiere weiderzeschreiwen? Wat dee Politikwiessel do ubelaangt, wëll ech herno nach an e puer Wuert drop zrëckkommen.

Fir d'Éischt awer e Wuert vläicht zur Steierpolitik. D'Steierpolitik, déi mer momentan hei zu Lëtzebuerg maachen, ass zillos, well se Joer fir Joer duerch eenzel Mesuren erëm eng Kéier adaptéiert ginn ass an do e Cumul vun eenzelne Mesuren zesummekomm ass, déi eigentlech keng kohärent Orientatioun hunn. Mir brauchen duerfir, an eisen Aen, eng nei Steierstrategie, mir brauchen eng nei Recettëstrategie.

Mir brauchen eng Steierpolitik, déi kohärent ass mat eiser Standuertpolitik. Ech weess net, ob dat, wat mer elo maache bei der Mindestbesteuerung, ob dat deem esou honnertprozenteg entsprécht.

Mir brauchen eng Steierpolitik, déi eng Äntwert ass op déi nei Liewensaart an d'Weis vu ville Leit, wéi mer haut liewen a wéi mer haut zesummeliewen. Eng Steierpolitik, déi vläicht net onbedéngt de Mariage esou staark an de Vierdergrond stellt, mä éischter probéiert, d'Kanner ze stäerken.

Eng Steierpolitik, déi awer och konsequent lenkt, amplaz oft dat eent a gläichzäiteg de Contraire nach ze ënnerstëtzen. Eng Steierpolitik, déi nohaltegt Handeln ënnerstëtzt. Eng Steierpolitik, déi Investitiounen an eis Ekonomie fërdert. Eng Steierpolitik, déi dem Stat an de Gemenge sécher Recettë fir d'Zukunft liwwert.

Eng Steierpolitik awer och, déi net esou staark méi op Nische baséieren däerf, wéi dat an der Vergaangenheet de Fall war, well mer jo riskéieren, an Europa lues a lues déi Nischen do méi enk gemaach ze kréien a se iergendwann eng Kéier net méi do sinn.

An da virun allem awer och eng Steierpolitik, déi previsibel ass. Eng Steierpolitik, déi previsibel ass fir d'Bierger vun dësem Land a fir d'Entreprises, déi haut hei sinn an déi, déi mer nach wëllen iwwerzeegen, op Lëtzebuerg ze kommen an ze investéieren. Duerfir steet d'Demokratesch Partei fir eng allgemeng Steierreform an net fir dat Gepiddels, wat mer momentan gesinn, wou eigentlech Joer fir Joer eng Rei vu Recettë sollen an d'Luucht gesat ginn iwwer Steiererhéijungen.

D'Steierpolitik vun der Regierung huet net déi dote Kohärenz an duerfir muss se och eng Kéier grondsätzlech a Fro gestallt ginn, well och d'Steierpolitik muss enger neier Realitéit ugepasst ginn, muss deenen neien ekonomesche Gegebenheeten hei zu Lëtzebuerg a ronderëm eis ugepasst ginn. A virun allem muss ee sech an der Steierpolitik kënnen op se verlossen. Et muss ee gesinn haut, wéi d'Steierlandschaft och a fënnef Joer ausgesäit.

Wa Leit haut hire Wunnsätz eraussichen, wa Leit haut décidéieren, Betriber haut wëllen décidéieren, wou se wëllen investéieren, jo, da wëlle se och op d'mannst eng Confiance hunn, datt d'Steierpolitik an d'Steierlandschaft an deem Land sech net dramatesch an nächster Zäit wäert änneren. Leit a Betriber brauche Vertrauen an eng Steierlandschaft. A Betriber investéieren net, wa se fäerten, datt Joer fir Joer weider un enger Steierschrauf gedréit gëtt. Da wäerte se éischter zrëckhalend sinn. An et ass sécherlech net dat, wat mer momentan brauchen.

Déi Defiziter vun haut, dat wëssen d'Leit am Land an dat wëssen d'Betriber, dat wëssen d'Investisseuren, d'Defiziter vun haut, déi riskéieren, d'Steiere vu muer ze ginn, well all déi Defiziter, déi haut gemaach ginn, wann d'Politik net ännert, muer mat Steiererhéijunge mussen finanzéiert ginn, an d'Scholden, déi mer haut maachen, muer mat Steiererhéijunge müssen zrëckbezuelt ginn. Duerfir däerfe mer net weider eng Politik maachen, déi schläichend eis Steierlandschaft verschlechtert, well et ass schlecht fir d'Ekonomie, et ass schlecht fir eis Kompetitivitéit, et ass schlecht fir d'Aarbechtsplazen, et ass finalement doduerjer och schlecht fir d'Steierrecettë vum Lëtzebuergesche Stat.

An et kann een elo eigentlech net esou richtig kritiséieren, datt de Spëtzesteiersaz do ëm 1% an d'Luucht gaangen ass mat enger neier Tranche, déi agefouert gëtt. Et kann een och net richtig kritiséieren, datt elo déi Mindestbesteuerung do eropgesat ginn ass. Et kann een och elo net richtig kritiséieren, datt et eng Katastroph wär, datt d'Besteuerung vun de SOPARFle vu 1.500 op 3.000 Euro eropgeet.

Mä wat ee muss kritiséieren, dat ass awer, datt deen Effort do riskéiert, all Joers mussen gemaach ze ginn, a wa mer elo bei 1.500 Euro sinn an dann op 3.000 eropginn, dass d'Leit sech natierlech d'Fro wäerte berechtgerweis stellen, bei engem Defizit vun 1,1 Milliard an ouni d'Politikännerung: Jo, geet et esou weider? Si mer muer bei 5.000 Euro? Si mer muer bei 10.000 Euro? An hu mer net méi muer an iwwermuer e Spëtzesteiersaz vun 39%, mä leie mer wäit do driwwer? Geet et weider mat der Solidaritéitssteiererhéijung, esou wéi et déi lescht Joren de Fall war?

Well déi Froen, déi wäerte sech jo stellen, spéitstens an engem Joer erëm eng Kéier, wann d'Politik net geännert huet a wa mer et net fäerdegbruecht hunn, d'Dépensen erofzesetzen. An et ass dat, wat finalement schlecht ass fir de Standuert Lëtzebuerg a wat net oft genuch ka kritiséiert ginn!

De Jean-Claude Juncker an awer och de Lucien Lux hunn an de leschte Woche gesot, mir dierfen net nëmme kucken dat, wat ënnert dem Stréch erauskënnt, mä och dat, wat iwwert dem Stréch steet. Si wollten domadder eigentlech zum Ausdrock bréngen, datt se keng Austeritéitspolitik wëlte maachen, datt se mat hirer Politik net de Choix vun deene künftege Generatiounen wëllen hypothéquéieren, datt se déi sozial Kris, déi mer hunn an déi mer spieren, net duerch d'Aktioun vun der Politik a vun der Regierungspolitik wëlle verschlëmmeren.

Allerdéngs mengen ech - woubäi een dat doten alles esou kann ënnerschreiwen - allerdéngs mengen ech, datt ee mam Slogan: „Mir däerfe keng Austeritéitspolitik maachen“ dat net esou däerf iwwersetzen, datt ee guer keng Politik méi mécht. An ech mengen, datt do d'Regierung awer emol nach eng Kéier eng Äntwert schëlleg ass, wat si dann ënner Austeritéitspolitik versteet. Wat ass an den Ae vun der Regierung, vun dëser Majoritéit Austeritéitspolitik?

Wär et Austeritéitspolitik gewiescht, wa mer d'Studiesubside méi sozial gestaffelt hätten? Wär et an den Ae vun dëser Majoritéit Austeritéitspolitik gewiescht, wa mer e seriöse Screening vun den öffentlechen Dépensé gemaach hätten? Wär et Austeritéitspolitik gewiescht, wa mer eng Gemeengefinanzreform op de Wee bruecht hätten, opgrond vun engem Rapport, dee scho viru Joren hei an der Chamber op den Dësch komm ass? Wär et Austeritéitspolitik gewiescht, wann een definitiv den Accord salarial bis op eng Zäit no der Kris verluecht hätt, nämlech dann, wann et eis erëm géif besser goen a mer eis dat dote kéinten erlaben?

Wär et Austeritéitspolitik gewiescht, wann een d'Subventiounen fir erneierbar Energien a fir Energiesanéierung éischter duerch Virfinanzierungsmechanismen ersat hätt, fir esou de Leit wierklech ze hëllefen, aus der Energiefal erauszekommen? Wär et Austeritéitspolitik gewiescht, wa mer eng Rei vu Lenkungsinstrumenter nei géifen orientéieren, zum Beispill andeems mer eis kloer décidéieren, wat mer dann elo wëlle steierlech begëschtegen, den öffentlechen Transport oder den Auto.

Wär dat Austeritéitspolitik, wa mer géife versichen, eis Aarbechtsmaartinstrumenter méi effektiv ze maachen, andeems mer kucken, wat

kascht eigentlech haut ganz vill Geld a wat bréngt ganz weenig, a kucken, wou kënne mer Instrumenter en place setzen, déi manner kaschten, awer méi Resultater bréngen?

Wär dat Austeritéitspolitik, wann een eng allgemeng Steierreform géif ugoen, déi Investitiounen an d'Zukunft géif favoriséieren, amplaz datt se géif favoriséieren, datt eigentlech Geld op de Koup probéiert gëtt ze tässelen, déi Äntwerte géif ginn op eng Rei vun neie Formen vum Zesummeliewen an déi och en nohaltegt Verhale vun deem Einzelnen, awer och vun den Entreprisë géif belounen?

Wär dat Austeritéitspolitik, wann een d'Wunnenbaupolitik emol eng Kéier komplett nei géif ausrichten a kucken, wat de Leit da wierklech hëllef? Ob déi Milliarden an Abermilliarden, déi de Lëtzebuerger Stat, pardon, Milliounen an Abermilliounen, déi de Lëtzebuerger Stat - elo hat ech mech ëm e puer Nullen do verdoen - Joer fir Joer an de Logement pompelt, ob dat de Leit hëllef, fir dignement herno kënnen zu bezuelbare Konditiounen en Daach iwwert dem Kapp ze fannen? An datt och do eng Politik, déi vläicht manner kascht, méi kéint bréngen?

Un dëse puer Beispiller gesitt Der, datt mer hei am Land nach vill Potenzial hunn, dat mer notze kéinten. Vill Potenzial, dat mer notze kéinten, wa mer bereet wären, eng aner Politik ze maachen! An et ass eigentlech méiglech, mat manner Geld a villen Domäner eng besser Politik mat besser Resultater kënnen ze maachen. Allerdéngs, fir dat ze erreechen, däerfe mer net weider un allem peche bleiwen, wat mer dann aus der Vergaangenheet kennen, mussen mer bereet sinn, d'Saachen ze iwwerpräiwen.

Mir mussen bereet sinn, eis Politikziler emol eng Kéier a Fro ze stellen. Mir mussen bereet sinn, och emol eng Kéier d'Weeër, wéi mer déi Ziler do wëllen erreechen, kritesch ze hannerfroen. A mir müssen och eng Rei vun neien Ziler definéieren, déi sech awer opdrängen an ëmmer méi opdrängen an allen Domäner, sief et am sozialen Domän, sief et an der Erzéiung, sief et och an der Ekonomie.

Fir eis ass et duerfir ganz schlëmm, datt d'Regierung oft esou mécht, wéi wann eigentlech gëschter all sozial Problemer geléist gewiescht wären, virun der Kris. Fir eis ass et och net déi richteg Approche, fir ze soen, datt ee sozial Problemer virun allem mat Geld ka léisen an datt een duerfir keng strukturell Reformen, keng grondsätzlech Reforme bräicht ze maachen.

Mir müssen dach eigentlech hei am Land endlech ophalen, eis just mat Zuelen a mat Geld ze beschäftegen. Méi Geld ass gutt, manner Geld ass schlecht. Dat ass dat, wat oft an der Politik gemengt gëtt. Mä et geet awer net esou. Esou ass et nun eben emol leider net! Et kann och heeschen: Manner Geld mat intelligenter Politik bréngt besser Resultater.

Wat bréngen déi Gelder, déi mer an d'Mesures pour l'emploi investéiere Joer fir Joer, wa mer d'Leit net wierklech an Aarbecht bréngen? Wat bréngen déi Gelder, déi mer de Leit ginn, fir datt se sech en Haus oder en Appartement kënne kafen oder lounen, wann et esou ass, wéi de Lucien Lux hei virun zwee Deeg gesot huet, datt dat Geld ganz oft an der Täsch vum Promoteur géif landen?

Wat bréngen déi Gelder, déi mer an den öffentlechen Transport investéieren, wa mer gläichzäiteg den Auto an den Individualverkéier nach ëmmer d'selwecht finanziell ënnerstëtzen?

Mir müssen also léieren, d'Resultater vun der Politik nees ze kucken, an eben net just d'Zuelen, net just d'Budgetsmontanten ze kucken. Da kréie mer och hei zu Lëtzebuerg eng aner Diskussioun, eng Diskussioun, déi sécherlech och fruchtbar wär a wou mer flott Konklusiounen kéinten draus zéien.

Ee Resultat, dat mer am Moment kennen an dat eis enorm Suerge mécht, dat ass, datt de soziale Lift hei zu Lëtzebuerg net méi fonctionnéiert. De soziale Lift, also d'Méiglechkeet, datt jiddweree seng Chancen huet, wann en dann och bereet ass, sech drunzeginn, datt jiddwereen um Départ, um Start a sâi Liewen eran eng Chancëgläichheet huet, datt net deen ee scho mat engem schwéiere Rucksak muss un den Départ goen an deen aneren déi modernsten Turnschlappen unhet. Net d'Gläichheet onbedéngt um Zil, mä dann, wann et drëms geet, fir fortzelafen als jonke Mënsch. Dat Zil kënne mer erreechen nëmmen duerch eng gutt Bildung. Dat Zil kënne mer erreechen duerch eng gutt a qualitativ héichwäerteg Kannerbetreierung.

Mä dat Zil erreeche mer momentan allze oft - allze oft - net, an dat ass schued fir ganz vill jonk Leit!

► **M. le Président.** - Här Meisch, kënnt Der e bësselch méi lues schwätzen, wann ech gelift? Eis Interpretin kënnt net no.

► **M. Claude Meisch (DP).** - Da gutt, fir de Retard opzehuelen, huelen ech emol eng Schlupp.

► **M. le Président.** - Huelt emol eng Schlupp.

(Hilarité)

► **M. Claude Meisch (DP).** - Ech muss mech also an den Äifer geriet hunn hei. Ech bieden, dat ze entschëllegen.

Wann et drëms geet, datt de soziale Lift nees fonctionnéiert, wann et drëms geet, datt mer och Resultater an eiser Bildungspolitik hunn, dann, mengen ech, mussen mer och wëssen, datt et an engem Land wéi Lëtzebuerg, wat ekonomesch esou opgestallt ass, wéi mer opgestallt sinn, eben nëmme mat der beschtméiglecher Formatioun geet. Well ëmmer dann, wann et ëm d'Zukunftsbetriber hei geet, ëmmer dann, wann et ëm ekonomesch Orientéierungen hei geet, da soe mer, mir müssen hei zu Lëtzebuerg un der Spëtzt vum Fortschritt leien, soss kënne mer ekonomesch keng Roll méi spillen.

Mir sinn eigentlech zu Lëtzebuerg mat all eise Systemer verdaamt do derzou, fir héichwäerteg Produiten an héichwäerteg Services unzibidden. A mir kënnen awer och net op där enger Säit just vu Fuerschung, vun Exzellenzproduiten, vu Matière grise schwätzen als eenzeger Matière première, déi Lëtzebuerg nach huet, a gläichzäiteg nokucken, wéi en Deel vun eise Kanner - an e groussen Deel vun eise Kanner! - leider ouni reell Perspektiven aus der Schoul kommen.

Fir datt dee soziale Lift do nees fonctionnéiert, brauche mer och Investitiounen an d'Zukunft. An déi Investitiounen an d'Zukunft, dat sinn net ëmmer nëmme Geldinvestitiounen. Do geet et och heiansdo ëm Grips, do geet et och heiansdo ëm Ustrengungen, déi mussen gemaach ginn. Mir brauchen Investitiounen an eise Standuert. A grad duerfir ass d'Wirtschaftspolitik esou wichteg, fir datt, wann de soziale Lift da fonctionnéiert huet an et klëmmt een draus eraus, fir datt deen dann och kann an d'Méiglechkeet huet, op eegene Féiss ze stoen, nämlech andeems en eng valabel Aarbecht fënn.

De soziale Lift nees un d'Fonctionnéieren ze kréien, dat heescht awer och, d'Kaderbedéngungen fir eis Ekonomie ze verbesseren. An do bleift nach villes ze maachen, obscho mer x Strategiepabeiere schonn hei diskutéiert hunn, mä déi leider de Pabeier oft net wäert waren, op deem se geschriwwen goufen.

An och de Premier schéngt et jo bis ewell nach net richtig ronnbruecht ze hunn, d'Simplification administrative da wierklech weiderzebréngen, well d'Resultater loossen och elo no enger Rei vu Joren, wou hie selwer dat zur Chefsaach erkläert huet, nach ëmmer d'selwecht op sech waarden.

Ech géif do emol proposéieren, vläicht einfach vun der Method hier eng Kéier en neie Wee anzuschloen, nämlech eppes, wat ee kéint bezeichnen als e permanente europäesche Benchmark. Kommt, mir ginn hin a mir probéieren, déi Haaptkritären, déi da wichteg sinn, fir datt e Betrib heibleift, fir datt e Betrib sech hei usiedelt - wéi schnell kréien ech eng Autorisation, wéi si mer mat de Käschtestrukturen? -, alles dat ze kucken an ze vergläiche par rapport zu eisen europäeschen, zu den haapt europäeschen Handelspartner, an eis d'Zil ze setzen, eis zesummen d'Zil ze setzen, datt mer do un der Spëtzt leien, datt mer do bei deenen dräi Beschte leien an datt d'Mëttelmooss eben einfach net méi duergeet.

Ech mengen, esou ee permanente Verglach, dat kéint och deen néidegen Usborn si fir d'Politik, fir do permanente mussen nozebesseren.

De soziale Lift nees un d'Fonctionnéieren ze kréien, dat heescht awer och, eng kloer Strategie ze hunn, wann et drëms geet, fir Betriber respektiv Investisseuren hei am Land ze halen oder hei an d'Land ze kréien. An ech mengen och, datt et awer muss méiglech sinn - fir emol nach eng Kéier op d'Beispill Cargolux ze schwätzen ze kommen -, dat och demokratesch hei an enger Chamber an dobaussen am Land kënnen ze diskutéieren.

Sécherlech brauch e Lëtzebuerger Land auslännesch Investisseuren. Lëtzebuerg ass eigentlech grouss gi mat auslänneschem Kapital. An ech brauch hei d'Geschicht vun der Stolindustrie, vun der Finanzplaz a vun all deem net méi nach eemol ze verzielen. Lëtzebuerg huet enorm profitéiert vu Kapital, vun Know-how, vun Aarbechtskraaft, déi aus dem Ausland oft heihinerkomm ass.

Mä et ass awer och esou, datt mir selwer als Lëtzebuerger Land oft eppes do derbäiginn hunn, an zwar eng Strategie, an zwar eng intelligent Gesetzgebung. An déi koom oft vun eis. A wann déi net gewiescht wär, da wär et och mat der Stolindustrie näischt ginn. Wann déi



net gewiescht wär, da wär et och mat der Finanzplaz näischt ginn.

Duerfir brauche mer ganz kloer eng Strategie, wat mer an deenen eenzelne Beräicher vun eiser Ekonomie wëllen a kënnen erreechen a wéi mer d'Kaderbedéngungen dann do mussen opstellen. Wann déi Strategie feelt, da geschitt dat, wat momentan am Beispill Cargolux geschitt ass, nämlech dat mer riskéieren, zum Spillball ze gi vun deenen Investisseuren. An dat kann eis net egal sinn!

Investitiounen brauche mer gradesou an eis Infrastrukturen. An ech wëll elo net nach eng Kéier hei d'Diskussioun ronderëm den Tram opwerfen, déi den Här Spautz an den Här Bausch de Moien hei scho gefouert hunn, mä mir brauchen Investitiounen an eis Infrastrukturen, déi et och erlaben, datt mer eng ekonomesch Croissance an Zukunft nach hunn. An do ass awer eng vun de Konditiounen, datt mer d'Mobilitéit verbesseren hei am Land, well ouni verbessert Mobilitéit wäerte mer eng weider Wirtschaftscroissance zu Lëtzebuerg net kënnen schëlleren.

An do gëllt et ebe grad, och dee Problem zesumme mat der Hauptstadt konsequent unzegoen, well d'Hauptstad vun dësem Land ass den ekonomesche Motor vun dësem Land. A wann deen ekonomesche Motor soll weider kënnen ronn dréinen, da mussen mer de Problem vum Verkeier, vun der Ubannung ronderëm, mä och an der Stad konsequent och kënnen ugoen. Duerfir, mengen ech, däerfe mer net nach eng Kéier Zäit verléieren, fir alles erëm eng Kéier grondsätzlech a Fro ze stellen. Duerfir mussen mer do handelen.

Ganz besonnesch, fir datt de soziale Lift awer ka funktionnéieren, brauche mer Investitiounen an eis Kanner, déi muer all déi Aarbechtsplazen do och solle kënnen besetzen. An dat fänkt an der Crèche un an hält op der Universitéit awer nach laang net op! Schoulreforme mussen endlech nees d'Kanner an de Mëttelpunkt stellen, si mussen endlech nees den Enseignant an de Mëttelpunkt stellen. An déi Reforme mussen och am Klassesall ukommen, jo, si mussen an de Käpp vun de Kanner ukommen, well soss wäerte se keng Resultater bréngen.

Mir müssen och probéieren, fir Uni a Fuerschung méi staark an den Dénkscht vun der Lëtzebuerger Ekonomik nach kënnen ze stellen. Aner Regioun weltwäit, wou Universitéiten opgebaut goufen an de leschte Jorzénngen, hunn dat op eng exemplaresch Aart a Weis gemaach, hunn nei Entrepreneuren doduerjer grad kënnen unzéien, hunn hire bestehenden Entrepreneuren do nei Marchéen an neit Potenzial opgezeechent. Duerfir, mengen ech, muss déi Vernetzung nach méi staark ginn, mussen mer méi kloer och do cibléieren, wou den Intérêt vun der Lëtzebuerger Ekonomik da wierklech läit.

Och hei, mengen ech, gëllt et, datt eben net et nëmmen drëms geet, fir méi Geld auszeginn, mä datt et och drëms geet: Wat erreeche mer mat deem Geld? Wat fir eng Ziler poursuiwieren mer domadder an erreeche mer déi Ziler och, déi mer eis gesat hunn?

Dat alles, mengen ech, solle mer an enger Wuesstumsstrategie zesumme faassen, well ouni Wuesstum verléiert dëst Land komplett seng Marge de manoeuvre. Mir haten déi lescht fënnf Joer eigentlech an der Moyenne kee Wuesstum. Dëst Land stagnéiert quasi zënter fënnf Joer a mir sinn do, wou mer 2008 fortgaange sinn. A mir brauche Wuesstum, dat gesi mer all Dag, well da wäre mer sécherlech schonn e Schratt méi wäit. Mir brauche Wuesstum fir Beschäftegung. Mir brauche Wuesstum fir méi Steuerrecetten. Mir brauche Wuesstum, fir eis sozial Ofsecherung am Équilibre ze halen. Mir brauchen eben och Wuesstum, fir de soziale Lift nees kënnen ufueren ze loossen.

Alles dat erreeche mer awer net, wa mer just all Joer en neie Spuerpak oder en neie Steuerpak op de Wee bréngen, esou wéi CSV an LSAP dat jo och fir déi nächst Jore wëllen hunn. Dat kënnen mer erreechen, wa mer bereet sinn, eng Rei vun neie Weeër ze goen.

Sécherlech mussen mer och an deenen nächste Joren den Euro zweemol, heiansdo souguer dräimol ëmdréinen. Mir brauchen och eng grouss Steuerreform, déi eis un déi nei wirtschaftlech an déi gesellschaftlech Realitéit passt. Mir brauchen awer nach vill méi wéi dat. Mir brauchen eigentlech de Courage, fir eis Systemer un déi nei Realitéit do unzepassen. Gradesou mussen mer eis op eng ekonomesch Relance konzentréieren, mat Innovation, mat neie Produiten, mat neie Marchéen.

An duerfir geet spueren a Steieren erhéien nu wierklech net duer. Duerfir brauche mer an ëmmer méi Beräicher eng aner Politik. Amplaz vun engem Spuerpak, amplaz vun engem Steuerpak brauche mer e wierklechen Zukunftspak fir Lëtzebuerg.

Ech soen lech Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. le Président.** - Merci dem Här Meisch. Als nächste Riedner ass den Här Alex Bodry agedroen. Här Bodry, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Alex Bodry (LSAP).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, bei dësem Budgetsprojekt 2013 hu mer et net onbedéngt mat engem Budget ze di wéi déi aner Joren. Ech wëll do net agoen op d'Gefillswallunge vum Budgetsminister bei der Presentatioun vun deem éischten Entworf. Mä et ass sécherlech déi éischte Kéier, zënter dass ech zumindest hei am Parlament sinn, dass et duerch eng direkt Awierkung vun de Chambersfraktiounen, an deem heite Fall de Chambersfraktioun vum der Majoritéit, zu enger Modifikatioun vun dem Regierungsprojekt kënn, iwwer Regierungsamendment, mä awer inhaltlech ofgestëmmt an der Koalitioun.

An ech mengen, en Nieweprodukt eigentlech vun där ganzer Diskussioun war och d'Arrichtung vun engem Koalitiounsrot, eigentlech eng Institutioun, déi et regelméisseg ginn ass an eise Land bis Enn de 60er Joren an déi während e puer Jorzénge vun der Bildfläch verschwonnen war an déi elo hei bei Geleeënheet vun deenen heiten Diskussiounen erëm agefouert ginn ass, wat awer och, mengen ech, d'Schwiergeheet an d'Sensibilitéit an zu engem gewëssenen Deel awer och d'Dramatik vun der Situatioun ënnersträicht, sou wéi se momentan gesi gëtt.

Lëtzebuerg beweegt sech net méi an deem Rhythmus vun deene leschte 25, 30 Joer. De Rhythmus vun der Wirtschaft huet geännert, d'konkurrentiell Émfeld ass en anert ginn. An dat reglementaresch Émfeld ass amgaangen, sech praktesch vu Mount zu Mount ze änneren, haaptsächlech op europäischem Plang. Déi Diskussioun, déi nach bis an d'déif Nuecht era gefouert gouf zu Bréssel ronderëm d'Bankenunioun, weist, wéi schnell sech allgemeng Regeln änneren, déi awer sécherlech och en direkten Impact hei op d'Realwirtschaft, an deem heite Fall op d'Finanzplaz vu Lëtzebuerg, wäerten hunn.

Et ass och elo den éischte Budget hei vun deene leschte Joren, dee sech aschreift an eng nei europäesch Budgetsprozedur. Si ass nach net vill behandelt ginn eigentlech hei an eisen Diskussiounen. Mir diskutéieren eigentlech nach dëse Budgetsprojekt wéi virdrun, ier et dat europäesch Budgetsemester ginn ass an ier d'„Sixpacken“ décidéiert gi si respektiv d'„Twopacken“ an der Diskussioun sinn an ier mer en Traité, dee mer nach net ratifizéiert hunn, en Traité ronderëm de Fiskalpakt ze applizéieren hunn.

An an deene Regele gëtt et Normen. An deene Regele gëtt et Budgetsnormen. An de Minister Frieden huet bei senger Virstellung gëschter drop higewisen, dass dëse Budget der europäescher Progressiounsnorm entsprécht: plus 3,65%.

Dat war, dat muss ee soen, beim Budget vun dësem Joer 2012 net de Fall! De Budget 2012, deen huet déi europäesch Budgetsnorm iwwerschratt, eng Norm, déi och wäert natierlech op europäischem Plang kontrolléiert ginn.

Eng Budgetsnorm, an do mussen mer eis och drop astellen - ech kommen herno nach drop zrëck -, déi sech elo an deenen neien Texter iwwer deen neien europäeschen Traité net méi einfach op den nominale Sold vun den öffentliche Budgeten ausriicht, mä déi de strukturelle Sold vun den europäesche Budgete kuckt. Also, e Sold vun de Budgeten, deen aussergewöhnleche Situatiounen Rechnung dréit, deen zum Beispill och enger schwächerer Konjunktursituatioun Rechnung dréit, wat den nominale Budgetsold net mécht.

An do, mengen ech, wär ech frou, wa mer an eis Gewunnechten och déi dote Bewäertungsmatrix géifen erakréien an net an deenen alen Denkschemae verharren, wéi mer dat traditionell hei zu Lëtzebuerg bei de Budgetsdiskussionen gewinnt waren.

Mir müssen och, an ech mengen, do ass et un der Chamber, einfach dann d'Initiativ ze huelen, mir müssen och eis Budgetsprozeduren hei am Haus änneren. Dat ass eng Affär vum Reglement vun der Chamber. Och do ass kee Jota geännert ginn un den Texter, wéi se elo schonn x Jore bestinn, obwuel mir an der Praxis selwer jo och de Budget aneschtens ugin, wou d'Diskussionen lassginn eigentlech an deenen éischte Méint vum Joer, wann et drëms geet, eisen nationale Plang fir Stabilitéit a Wuesstum op Bréssel eranzerechen, deen d'Regierung jo bis spéitstens Enn Abrëll muss der Europäescher Kommissioun respektiv dem Conseil matdeelen.

Et ass do, wou d'Weiche gestallt ginn. Et ass do, wou d'Chamber also och muss awierken. Et ass do, wou Konsultatiounen mussen gefouert ginn. An et ass eigentlech och do, wou eng öffentliche Debatt muss gefouert ginn. Da mussen

mer Stellung bezéien zu den eenzelne Momenten an där europäescher Budgetsprozedur, wat déi national Budgetsdokumente ugeet.

A mir müssen eis hei d'Fro nach eng Kéier stellen, ob déi Aart a Weis, wéi mer hei d'Budgetdiskussionen féieren, déi eigentlech eleng eng Generaldebatt ass iwwert d'grouss Linne vun der Budgetspolitik, déi a kengem Moment am Joer méi op déi eenzel Inhalter vun dem Budget selwer ageet - wat an eenzelnen Departementen geschitt, wat d'Initiativen an deenen eenzelne Politikberäicher sinn -, mir müssen déi dote Fro iwwerdenken, ouni vläicht an déi al Traditionen zrëckzekommen, déi mer eng Kéier haten, déi mer jo gemeinsam wollten ofschafen, well se och näischt bruecht hunn, wou mer praktesch zweemol am Joer eng sektoriell Politikdiskussion iwwer sämtlech Felder haten: beim État de la nation am Fréijoer a schlussendlech am Dezember beim Budget.

Mä ech mengen awer, dass et wichteg wär, dass mer eng Kéier am Joer net nëmmen hei d'gesamt Resultater vun enger Budgets- a Finanzpolitik kucken, mä dass mer d'Inhalter vun der Regierungspolitik hei kënnen kritisches diskutéieren, kontradiktorech debattéieren. Mir müssen also och déi dote Froen hei mat eranhuelen, wa mer wëllen en Impact och als Parlament op d'Regierungspolitik behalen.

Wichteg ass also ze gesinn, dass sech déi Lëtzebuerger Budgetspolitik - an dat kann net aneschtens sinn aus politeschen Iwwerleeungen, awer och aus rechtlechen Iwwerleeungen - aschreiwe muss an déi europäesch Budgetspolitik, sou wéi se duerch europäesch Traitéen an aner europäesch Texter definéiert ass. An dat geschitt an deem heite Fall, net nëmme prozedural, mä natierlech och inhaltlech.

Elo kann een natierlech... An ech gesti gären an, dass d'LSAP kritisches steet zu muncher Ausrichtung vun der europäescher Finanzpolitik insgesamt, well mer der Meinung sinn, dass se ze esäitig eigentlech nëmmen op d'Sich no Budgetséquilibrer ausgerichtet ass an net genuch, trotz dem Wuesstumspakt, eigentlech Wuesstumsconsidérationen mat berücksichtegt. Dat ass eng Kritik, déi mer formuléieren, déi mer probéieren, op europäischem Plang geännert ze kréien.

Mä nach mussen mer eis un déi Virgaben hei halen, déi an Europa geschéien, well wa mer wëllen aus där Kris hei erauskommen, kann dat nëmme gemeinsam duerch eng ofgestëmmte Politik an Europa sinn: Wirtschafts-, mä awer och Sozialpolitik, well déi sozial Dimensionen vun deem Europa eis besonnesch um Häerz läit. Mä dat kann net geschéien, wa kontradiktorech Politiken an deenen eenzelne Memberstate gemaach ginn. Dann ass et evident, dass d'Eurozon an Europa wäert soubal net aus deene Schwierigkeiten erauskommen, an deene se momentan drastéiert.

Wichteg ass also, dass mer bei der allgemenger Ausrichtung vun der Politik an Europa déi sozial Dimensionen net vergiessen, dass mer weider Diskussiounen kréie ronderëm Mindestsozialstandarden an Europa, dass mer den Demokratiedefizit vun der ganzer europäescher Gouvernance économique, deen all Dag sichtbar gëtt, behuwe kréien. Bei all nei Décisioun, déi op europäischem Plang geholl gëtt, mierkt een, dass se eigentlech net am Virfeld demokratesch op nationalem Niveau an och emol net op europäischem Niveau op breeder Basis diskutéiert ginn ass. Dat sinn alles mangelhaft Ausrichtungen vun där Politik, an déi mussen mer behuwe kréien. Dat ass zumindest d'Meenung vun eiser Fraktioun.

Ier mer op de Budgetsprojekt 2013 agoe kënnen, mengen ech, muss een e Wuert awer och soen iwwert de Budget 2012. Dat ass jo d'Basis fir dee vun 2013, an deen erkläert esou munchen. Dee Budget 2012, wéi en hei votéiert ginn ass a wéi en exekutéiert ginn ass, erkläert zum Deel eng Rei vun Ausrichtungen, déi mer hu missen huele bei deem Budgetsprojekt fir 2013.

Dee Budget 2012 ass sengerzäit am Summer vun der Regierung festgehalen ginn, am Summer 2011, an engem Moment, wéi - dat war eng Fëenster vun ongeféier dräi, véier Méint - all Prognosen eigentlech fir 2012, och op europäischem Plang, positiv waren, wou gemengt gi war, d'europäesch Wirtschaft géif erëm urappen a mir wären iwwert de Bierg. Schon am Hierscht awer sinn éischt Rektifikatiounen komm vun deene Prognosen, fir d'Éischt internationaler an duerno och duerno nationaler.

An dat huet derzou gefouert, dass mer net méi elo schwätzen 2012 vun engem Wuesstum vun 2,1% - dat war nach d'Grundlag vun der Opstellung vun deem Budgetsdokument fir dëst Joer -, mä dass mer eigentlech wahrscheinlech kënnen frou sinn, wa mer en hallwe Prozent Realwuesstum 2012 wäerte kréien.

Deemools huet d'Regierung decidéiert - dat ass och esou akzeptéiert ginn hei an der Chamber -, dass keng Korrektur méi op der Regierungs-

virlag géife gemaach ginn. Dat huet derzou gefouert, dass mer dann elo am Laf vum Joer gemierkt hunn, dass op där enger Säit d'Dépense méi staark gewuess sinn, wéi gemengt gi war, an dann op där anerer Säit d'Recette méi kleng gi sinn am Laf vun dësem Joer, wéi bei der Opstellung vum Budget gemengt gi war, wat natierlech am Endeffekt derzou féiert, dass den Defizit 2012 méi grouss ass, wéi dat bei der Opstellung vum Budget gemengt gi war. Dee soll ëm 2% fir de gesamtöffentleche Raum leien. An den Zentralstat wäert wahrscheinlech ëm 3,5% vum PIB Defizit ausweisen.

Doduerch kënn dëst Budgetsjoer 2012 a Paragë vum Budgetsjoer 2004 - wéi richteg hei och schonn ervirgehewe ginn ass, dat e Budget ënnert der Responsabilitéit deemools vun CSV an DP -, wat bis dato eigentlech dat Budgetsjoer war vun deene leschte 25 Joer, wou de gréissten Defizit beim Statsbudget ze verzeche war. An deemools huet komescherweis kee vu Katastroph geschwat a vu katastrophen...

► **M. Xavier Bettel (DP).** - Gutt, dass mir eng Kéier an där Regierung waren, soss hätt Dir déi lescht zéng Joer keng Ried kënnen halen, Här Bodry!

► **M. Alex Bodry (LSAP).** - ...Entwécklung...

(Brouhaha et interruptions diverses)

Här Bettel, ech géif lech déi Fro gär stellen: Firwat war d'Demokratesch Partei nëmmen eng Kéier an der Regierung an deene leschten aacht Joer?

(Brouhaha et interruptions diverses)

► **M. le Président.** - Ech bieden lech, dem Här Bodry nozelauschteren!

► **M. Xavier Bettel (DP).** - Déi nächst zéng Joer kënnen mir da soen: „Jo, deemools, wéi d'LSAP an der Regierung war...“.

(Interruptions diverses)

► **M. Alex Bodry (LSAP).** - Net esou hektesch, Dir Hären!

► **Une voix.** - Ce n'est que la vérité qui blesse!

► **M. Alex Bodry (LSAP).** - Net esou hektesch, Dir Hären! Et gëtt sécherlech Grënn, an ech mengen, dat ass de Wëlle vum Wieler, firwat dass d'Demokratesch Partei an deene leschten 20 Joer nëmmen - wéi si mengt: „nëmmen“ - fënnf Joer an der Regierung war. Et huet vläicht och eppes mat där doter Politik ze dinn.

► **M. Xavier Bettel (DP).** - Ma dat gesi mer dann an zwee Joer.

► **Une voix.** - Oh Mamm, oh Mamm!

► **Une autre voix.** - Ech hat gemengt, Dir géift an der Gemeng bleiwen.

► **M. Xavier Bettel (DP).** - Ech schwätze jo net vu...

► **M. Alex Bodry (LSAP).** - Déi Resultater do vun...

(Hilarité et interruptions diverses)

Déi Resultater...

► **M. le Président.** - Här Bodry, fuert viru wann ech gelift!

► **M. Alex Bodry (LSAP).** - Déi Resultater vun 2012 mat engem héijen Defizit besonnesch am Statsbudget, déi maachen en duebelen Effort eigentlech fir 2013 néideg - fir erëm op de Pak vun der Konsolidéierung vum Statsbudget zrëckzekommen.

Insgesamt gëtt en Effort gemaach vun enger Milliard Euro. A wann ee géif d'Netupassung vun der Akommessteiertabell mat bärechnen, da gëtt hei en Effort gemaach vun Defizitreduzéierung, déi bei iwwer 1,1 Milliard Euro läit. Deen Effort gëtt zu enger gudder Halschent um Niveau vun de Steiere gemaach, vun de Mehreinnahmen gemaach, an zu enger klenger Halschent am Endeffekt, wann een d'Rechnung esou opstellt, um Niveau vun den Aspuerunge par rapport zu enger Ausgabentendenz, déi virdru festgeluecht ginn ass.

Dat ass historesch gesinn - an et muss een effektiv an d'80er Joren zrëckgoen, fir ähnlech budgetär Efforten ze gesinn, fir den Defizit ze reduzéieren -, dat ass en immensen Effort, dee gemaach gëtt, en immensen Effort, dee verlaangt gëtt. Dat soll een an aller Däitlechkeit soen: Dat ass keng Bagatell!

Et ass och keng Selbstverständlechkeet, dass d'Regierung an d'Koalitioun op deen dote Schrëtt gaange sinn. Déi Defizitreduzéierung, déi hei gemaach gëtt, ass den Ausdrock vun



engem politesche Wëllen, dem politesche Wëllen, d'Verantwortung net deenen nächste Generationen opzebürden, mä d'Verantwortung elo ze iwwerhuelen an och derfir ze sueren, dass mer an Zukunft e staarke Stat a besonnenesch och e staarke Sozialstat hei zu Lëtzebuerg weider hunn.

D'Approche vun der LSAP: Si ass eigentlech an hirem Wahlprogramm an iwwer Kongressbeschlëss determinéiert - an eise Wahlprogramm. An do hu mer ni en Hehl draus gemaach a sëllege Rieden, offizielle Rieden, dass mer der Meinung sinn, dass mer eng vernünfteg Politik brauchen, dass een net ëmmer kann op Pomp liewen an dass mer progressiv - etapeweis, net op ee Schlag, mä etapeweis! - mussen no an no de Statsdefizit op en akzeptabelt Mooss reduzéieren. An dat ass gläichzäiteg - an dat ass méiglech, an et war bis elo méiglech! - sech ausgeschwat fir d'Erhaltung vun eise Sozialstat a fir seng nohalteg Ofsecherung.

De Minister Frieden huet geschwat a senger Ried gëschter vu Wuesstum. En huet geschwat vu Budgetséquibler. An engem gewësse Moment huet e gesot, de Budgetséquibler wär eng Virbedingung fir de Wuesstum. Mir deelen déi doten Aschätzung nëmme bedéngt. Mir brauche béides: Mir brauchen am Endeffekt Wuesstum. Ouni nohaltege Wuesstum, ech wëll dat betounen, geet et net! Mä mir brauche sécherlech och Statsfinanzen, déi sech in etwa am Équibler halen. Mä et gëtt awer och x Beispiller - hien huet d'Beispill vu Kanada genannt, fir seng Thees ze ënnermaueren -, et gëtt awer och x Beispiller, wou Länner duerchaus vill Wuesstum haten, iwwer länger Periode Wuesstum haten a gläichzäiteg awer och am öffentleche Beräich Defiziter gefuer sinn. Och där Beispiller gëtt et eng ganz Partie.

Däitschland, zum Beispill, ass awer e Beispill: Däitschland huet sech iwwer Jore verschëllt, och haut mécht Däitschland nach eng Neiverschëldung vu Joer zu Joer, och wa se e bëssen als Musterschüler no baussen an Europa optrieden. An Däitschland war awer och iwwer laang Joren ëmmer an ass nach haut d'Lokomotiv vun der ganzer europäescher Wirtschaft, huet also och Wuesstum generéiert.

Mir brauchen also béides: Mir brauchen eng verstänneg Budgetpolitik, déi net op eng Iwwerverschëldung ausgerichtet ass, a mir brauchen awer och permanent - an där Elementer sinn an deem Budget dran! - Incitationen, fir de Wirtschaftswuesstum unzekerbelen. Woubäi mer awer och musse realistesch sinn! Et wär jo schéin, wa mer hei zu Lëtzebuerg alles kéinte steieren iwwer eise Statsbudget. Ech mengen, et ass evident, dass eise Wuesstum vill méi ofhängeg ass vun deem, wat sech ausserhalb vu Lëtzebuerg mécht, wéi vun deem, wat sech a Lëtzebuerg selwer mécht.

Mir sinn eng oppen Ekonomie, eng Ekonomie, déi wéi keng aner europäesch Ekonomie e ganz kleng Bannemaart huet, awer selbstverständlech exportorientéiert ass. Dofir ass et evident, dass d'Entwécklung vum Uelechpräis, vum Pétrolspräis, dass de Change tëschent Dollar an Euro an dass d'Cours vum de Bourssen international méi e staarken Impakt hunn op de Wuesstum zu Lëtzebuerg wéi all national Aktioun, déi mer kënnen iwwert de Statsbudget huelen.

Do soll ee sech näischt virmaachen. Schéi wär et, wa mer alles dat kéinte steieren iwwert déi Décisiounen, déi mir hei als Parlament ze huelen hunn. Mä d'Wierklechkeet zu Lëtzebuerg ass eng aner. Nach soll een dee Spillraum notzen, dee mer hunn, fir eng Rei vu richtegen Zillsatzungen ze setzen a Korrektur virzehuelen.

Ech wëll och nach eng Kéier rappeléieren - de Marc Spautz huet et och a senger Interventiuon gemaach -, dass, wa mer de Budget 2013 kucken, een dee muss gesinn awer als ee Glidd vun enger Kette vu Budgetprojeten zënter dem Ausbruch vun der internationaler Kris, wat jo awer am Ufank eng reng Finanzkris war, duerno eng Wirtschafts- a Sozialkris zum Deel ginn ass, an dass duerno eigentlech eng öffentlech Scholdekris an de Méttelpunkt geréckelt ass - wat eigentlech nach net d'Diskussioun 2008 war, wéi et lassgaangen ass - an déi öffentlech Scholdekris zum Deel och mat där Bankekris ze dinn huet, well verschidde Länner sech zousätzlech hu misse massiv verschëllen, fir hire Banken ënnert d'Aerm ze gräifen, fir eng gréisser Katastroph ze verhënneren.

An dat hat viles ze dinn natierlech och mat de Spekulatione géint Länner op de Finanzmäert. Dofir ass et wichteg, dass een och weider hanendrubleift, dass ee sech international, europäesch Regele gëtt, fir déi Finanzmäert do besser ze reguléieren, eng ganz Rëtsch vu spekula-

tive Geschäfte anengt a souguer verbitt. Dat schéngt eng weider Viraussetzung ze sinn, fir dass mer dauerhaft eigentlech net méi kënnen an eng ähnlech Situatioun zrëckfale wéi déi, wou mer elo dra sinn.

Europäesch ass - a Lëtzebuerg huet do voll matgemaach - fir d'Joren 2009 an 2010 eng antizyklesch Politik gefuer ginn, eng Politik, déi wëssentlech héich Defiziter a Kaf geholl huet, déi wëssentlech probéiert huet, d'Investissementer souguer eropzesetzen, fir eben aus där doter Kris erauszekommen. Mä esou eng Politik, dat ass awer och ganz kloer, kann een een, zwee, vläicht dräi Joer maachen. Esou eng Politik kann een net während fënnf an zéng Joer duerchzéien. Et muss eng Kéier de Moment komm sinn, wou een erëm probéiert, no an no an normal budgetär Verhältnissen eranzekommen.

Dat ass och genau dat, wat hei zu Lëtzebuerg geschitt ass. 2009 an 2010 war eng Budgetpolitik hei gemaach ginn, wou déi sougenannten automatesch Stabilisateure konnte spillen, wou eng Verschëldung bewosst a Kaf geholl ginn ass, fir eben d'Reprise ze ënnerstëtzen. No an no musse mer an eng méi normal Politik zrëckkommen. Mir mussen dat awer esou gestalten, dass net iwwerreegiert gëtt an dass mer ëmmer eng flexibel Äntwert op d'Problemer vun Moment ginn. Déi Problemer, déi kënnen eigentlech och, dat gesäit ee praktesch vu Mount zu Mount, änneren.

Déi Prognosen, dat schéngt mer haut eng Selbstverständlechkeet ze sinn, déi Prognosen, déi mer haut maachen, déi kënnen an dräi, véier Méint scho falsch sinn. Dat kann an déi eng oder et kann an déi aner Richtung goen.

Dofir huet d'Regierung jo och net an huet dës Koalitioun net gesot, mir wëlle stur en Zil usteieren, an egal wat geschitt, et bréngt eis näischt méi dovunner of. Mir hate fir d'Éischt emol fir zwee Joer en éischte Spuerpak festgeloest. An do hu mer gesot, no engem Joer zéie mer e Bilan, da kucke mer, wéi d'Situatioun ass. An opgrond vun deem Bilan, deen deemools gezu gi war an opgrond vun deene besere Prognosen, déi deemools do waren, ass decidéiert ginn, fir eng Rei vun Ausgabekürzungen respektiv Steieren net méi weiderzeféieren.

D'Krisesteier huet just fir d'Joer 2011 gespilt. D'Krisesteier huet net méi 2012 gespilt. Dat war eng politesch Décisioun, déi geholl ginn ass, well ebe reagiert ginn ass op déi neisten Entwécklungen, esou wéi se sengerzäit virausgesi gi waren. D'Wierklechkeet war e bëssen eng aner am Laf vun deem Joer 2012, wéi dat 2011 gemengt gi war.

Esou musse mer och an Zukunft virgoen. Mir mussen en Zil virun Aen hunn, dat ass déi etapeweis Reduzéierung vun eise Statsdefizit. Mir mussen awer och ganz kloer wëssen, wéit wäit dass mer do ginn. Well et ass scho richtig, an dat ass keng nei Erkenntnis, et ass scho richtig, dass all Reduzéierung vu Staatsausgabe respektiv zum Deel och verschidde Steiererhéijungen en negativen Effekt op de Wuesstum hunn. De Statec huet dat jo an deene leschte Wochen an Deeg nach eng Kéier virgefuert. Dofir muss ee besonnenesch oppassen a virsiichteg sinn, wa mer praktesch a Stagnationssituatiounen sinn.

D'europäesch Wirtschaft ass no un der Rezesioun an zu Lëtzebuerg schreiw mer praktesch just eng schwaarz Null, wat d'Joer 2012 an eise öffentliche Haushalt ugeet. Dofir ass et immens wichteg, dass mer hei millimeter-schaarf versichen ze reagéieren, net mat der Aaxt fueren, mä mam Skalpell probéieren, hei déi richtig Moossnamen ze treffen, déi eben och der allgemenger wirtschaftlecher an der allgemenger sozialer Situatioun ugepasst sinn.

Mir sinn der Meinung, dass, wann een dat Budgetsdokument hei kuckt, dass dat weiderhin e fortschrittliche Budget ass, e Budget, deen zu 40% Sozialbudget ass, wou sozial Ausgaben domadder finanzéiert ginn. Iwwer fënnf Milliarden, wäit iwwer fënnf Milliarden Euro ginn och d'nächst Joer erëm a Sozialtransferten investéiert iwwert de Statsbudget, well mer eng ganz staark Fiskaliséierung hunn och vun eiser Sécurité sociale. An der Sécurité sociale sinn dat eleng 2,6 Milliarden. Et si knapp zwou Milliarden Euro am Familljen- an Integrationsberäich. Et si 650 Milliounen Euro fir de Beschäftigungsfong, iwwerengs e Beschäftigungsfong, deen am Joer 2008, also virun der Kris, 380 Milliounen Dépensen hat. Dee Beschäftigungsfong brauch also haut 40% méi, wéi dat nach viru knapp fënnf Joer de Fall war.

Et ass e Budget, deen och weider derfir suert, dass wäerten am öffentleche Secteur direkt oder iwwert de konventionelle Beräich an Dängschtleeschungen fir d'Bierger zousätzlech Aarbechtsplaze geschafe ginn, och am Joer 2013. Et ginn 1,7 Milliarden Euro investéiert direkt oder indirekt vum Stat iwwert dee Statsbudget 2013.

De staatleche Support fir d'öffentlech Fuer-schung beleeft sech op 270 Milliounen, eng Verdräifachung an nëmme dräi Joer. Am Schoul- an am Héichschoulberäich ginn insgesamt iwwer 1,5 Milliarden Euro investéiert respektiv gi lafend Käschten domadder gedroen, iwwert dee Budgetsprojert 2013. Dat ass awer eng Orientéierung, déi konform ass zur europäescher Wuesstums- a Beschäftigungsstrategie „Europa 2020“.

Et ass, mengen ech, ëmmer erëm gutt, drun ze erënneren, an ech hunn den Androck heiansdo, zu Brüssel kënn dat an de Vergiess, dass et wichteg ass, all déi budgetär Regeln, déi jo bis an de leschten Detail an deene leschte Joren ausgebaut si ginn a verschäerft si ginn, dass een déi verbënnt mat där Strategie „Europa 2020“, déi emol eng Kéier d'Ambitioun hat, aus Europa déi grouss modern Wëssensgesellschaft ze maache mat nohaltegem Wuesstum, mat héijer Beschäftigungsquot. Et ass op dee Pad och vun der Dugend, wou mer an Europa erëm mussen zrëckkommen.

An ech denken, dass dee Budgetsprojert 2013, wann een net kuckt, wat da vläicht op enger Plaz ewechgeholl ginn ass, mä wann ee kuckt, wat an deem Budgetsprojert 2013 drastéiert, dass dat dann awer eng national Politik ass, déi awer konform ass zu der Grondausrichtung vun där europäescher Wuesstums- a Beschäftigungsinitiativ, hannert där mer voll stinn.

De Lëtzebuerger Stat gëtt net mat deem heite Budget zu engem schlanken, zu engem schwaache Stat. Et bleift e Stat, dee weider kann intervenéieren, dee korrigéieren an och fir eng sozial Emverdeelung suerge kann. An dat geschitt iwwert de Steiersystem. De Steiersystem huet als Haaptfunktoun, fir eng sozial Emverdeelung vum Räichtum virzehuelen.

Dat erkläert och, firwat dass mer als LSAP-Fraktioun vun Ufank un an all deenen Diskussiounen iwwert déi lescht Jore gesot hunn, wa mer eng Iwwerverschëldung wëlle verhënneren, wa mer wëlle verhënneren, dass mer eise Kanner Milliarde Schold mat op de Wee ginn an, ech mengen, domadder och hir Zukunft zu engem gudden Deel verbauen, dass mer da musse korrigéieren.

Mir hu gesot: „Éischer op der Säit vun den Einnahmen, net fir d'Alleréisch bei de sozialen Transferten - loosse mer kucken, wat vu Méieinnahmen dran ass.“ Dat ass eng klassesch Position vun der LSAP a war bis dato och ëmmer eng klassesch Position vun de Gewerkschaften.

Ech ka mech erënneren, dass de Kolleg John Castegnaro nach virun deene leschte Chamberswahlen an engem Interview gesot huet: „Ma wa mer Sue musse siche goen, da musse mer se bei der Solidaritéitssteuer siche goen“, well ee jo weess, dass d'Solidaritéitssteuer och de Beschäftigungsfong speist - et ass eng vun deene raren affectéierte Steieren, déi mer hei zu Lëtzebuerg hunn -, a well ee weess, dass d'Solidaritéitssteuer eng progressiv Steuer ass, well se sech op d'Akommessteuer leet, eng Akommessteuer, déi natierlech e progressiven Tarif och hei zu Lëtzebuerg huet.

Dofir hu mer gesot, de Spëtzeosteiersaz, dee geet elo op 40% an d'Luucht. Ech erënneren drun, dass e bis Enn den 80er Jore bei iwwer 50% louch zu Lëtzebuerg - bei iwwer 50% louch! -, an deemools och nach 10% Solidaritéitssteuer dropgerechent gi sinn, sou dass de bei bal 60% Besteuerung waars, Taux marginal, an den 80er Joren. Dat war eng aner Welt! Dat ass gutt, dat huet sech och international anescht beweegt.

Mä et muss een awer soen, wann een dat heite schonn als völeg derniewent emfënnt, da muss ech soen, da muss een awer och zrëckkucken a kucken, wat eng Kéier d'Situatioun war. Dofir si mir nach wie vor der Meinung, dass och beim Spëtzeosteiersaz nach deen een oder anere Prozent no uewe Loft muss bleiwe fir déi nächst Joren, wann et net zu enger Stabiliséierung vun der Wirtschafts- a vun der Finanzsituatioun kënn.

Mir hunn eis staark gemaach besonnenesch och an Debatten hei d'lescht Joer an am Ufank vun deem Joer fir eng Mindestbesteuerung vun de Betriber - fir d'Éischt d'SOPARFen an an der zweeter Etapp déi aner Betriber -, well mer et als fundamental ongerecht emfannen, dass et eng grouss Majoritéit vu Gesellschaften hei zu Lëtzebuerg gëtt, déi guer keng Akommessteuer, guer keng Kierperschaftssteuer bezuelen an iwwerengs guer keng Gewerbesteier bezuelen, wat dann erëm eng Kéier d'Gemengen an deem heite Beräich strooft.

Dofir fanne mir et richtig, dass mer endlech deen dote Wee gaange sinn, an dat maache relativ weineng Länner an Europa. Mä ech denken, dass der nach ëmmer méi deen dote Wee wäerte goen, fir eng Mindestbesteuerung vun de Betriber anzeféieren, fir och all déi Of-schreiwungsméiglechkeeten, déi och bei de Be-

triber bestinn an déi natierlech vu ganz grouse Spezialisten och optimal ausgenotzt ginn, fir dass mer déi deelwee an kënnen zoumaachen. Wéi et sécherlech richtig ass, dass et och an deem heite Fall nei Besteuerungsweeër gëtt, wat gewëssen aussergewéinlech Akommesen ugeet, déi mer nottamm am Finanzberäich hei zu Lëtzebuerg hunn. Dat ass déi Politik, déi mer duerchgezunn hunn an déi sech och erëmispigelt an deem Ganzen.

D'CSV hat ëmmer eng liicht aner Approche. Ech hunn ëmmer gesot: „Fir d'Éischt kucke mer, fir ze spueren, a wann dann eigentlech näischt méi dran ass am Spueren, da si mer och bereet, iwwer Steiererhéijungen ze schwätzen.“ A vous de juger, wéi schlussendlech déi Politik dann hei ausgerichtet ginn ass.

Op jidde Fall ass méi Steiergerechtegkeet fir eis Fraktioun en Diskussiounsthema, dat nächst Joer an déi Joren drop. Mir brauchen eng grouss ugeluechte Steuerreform, net onbedéngt, fir ënnert dem Stréch ëmmer méi Steieren eranzekréien, mä fir méi Steiergerechtegkeet ze hunn tëschent deenen eenzelne Steierzorten. Fir méi Steiergerechtegkeet ze hunn,...

(Interruption)

...dat heescht, dass mer effektiv, menge mir, mussen iwwerleeën, ob een ëmmer op d'Akommes nach Steieren dropsetzt, ob een net de Besët,...

► Plusieurs voix.- Très bien!

► **M. Alex Bodry (LSAP).**- ...misst méi besteieren. Do huet sech an deene leschte Joréngen eng formidabel Entwécklung gemaach, dass de Besët bal guer net méi besteiert gëtt, wat fréier e klassesche Piler vun eise Steierrecht war, an op där anerer Säit d'Akommes ëmmer méi staark mat Steiere beluecht gëtt.

Et betrëfft awer och natierlech d'Privatpersounen an d'Betriber. De Finanzminister huet do eng aner Vue. Hie mengt, d'Betriber, do dierfe mer eis éischer nach bal just nach no ënne bewegen am Konkurrenzkampf mat deenen aneren. Kee streit of, dass een dat internationalt Émfeld och muss berücksichtigen. Mä nach deele mer déi doten Approche net! Fir eis gëtt et keen Tabu, an och eng anescht ausgerichte Betribssteuer muss an eise Bestanddeel vun enger Debatt ronderëm eng allgemeng Steuerreform sinn. Do kann een net ganz Secteuren einfach ausklammere vun där doter Diskussioun. Et muss een och d'Fro dierfe stelle ronderëm eng méi richtig Besteuerung vun de Benefisser vun de Betriber.

Dat sinn alles Punkten, déi eise Fraktiounskolleg, de Lux Luss, hei duergeluecht huet, mengen ech, an engem ganz flotten, liesbare Rapport a virun allem och mat Engagement hei mëndlech virgedroen huet. En huet och probéiert, iwwert déi lescht Méint als Rapporteur eng ganz aktiv Roll an der Gestaltung och vun der konkreter Budgetpolitik ze huelen. Ech soen him hei am Numm vun eiser Fraktioun en décke Merci fir déi vill Aarbecht, déi hien an deene leschte Méint...

► Une voix.- Très bien!

► **M. Alex Bodry (LSAP).**- ...an deem doten Dossier geleescht huet.

E Merci geet och un de Gilles Roth, och wa säi Sëtz eidel ass fir de Moment, fir seng Aarbecht als Rapporteur bei deem Steiergesetz, wat e feste Bestanddeel ass vun deem ganze Budgets-pak vun deem Joer.

Ech wëll mech ganz kuerz beschäftege mat der Fro - mä do wäerte mer eis ni eens ginn, heibannen net an dobaussen nach manner: Austeritéit. Ass dat hei en Austeritéitsbudget? Wat ass iwwerhaupt d'Definitioun vun der Austeritéit? Do geet et scho lass. Ass dat heiten en Austeritéitsbudget oder net?

Austeritéit, do denken ech, dass déi Leit, déi dat gebrauchen an net midd ginn, all Dag dat ze widderhuelen, dorënner verstinn: sozialen Ofbau. Ech verstinn, dass ee subjektiv dat Gefill kann hunn, well effektiv verännert sech hei epees. D'Steiere ginn erop an eenzel Ausgabe gi gekierzt. Ech verstinn, dass ee subjektiv déi Impressioun kann hunn, wann een dat vergläicht mat deem, wat déi lescht 25, 30 Joer zu Lëtzebuerg geschitt ass, Usus war, wat zu Lëtzebuerg als normal ugesi ginn ass, wat awer an engem Bléck vu bause sécherlech als eng anormal Entwécklung ugesi ginn ass, eng exzeptionell Boomperiod iwwer méi wéi zwee Joréngen.

Mä op där anerer Säit, wann een awer objektiv kuckt, wat dann an anere Länner Austeritéitsbudgete sinn, wat Austeritéitspolitik ass, da mengen ech, dass objektiv gesinn déi Definitioun och op de Budget 2013 net zoutréfft. Mir si weiderhin e Land, an de Budget spigelt dat erëm, wou automatesch wäerten den 1. Oktober all Léin, Gehälter, Pensiounen ëm 2,5% eropgoen. Den 1. Oktober 2012 war dat de Fall. Den 1. Oktober 2013 wäert dat och weider de Fall sinn.



Mam Ënnerscheed dës Kéier, dass mat enger geschatener Inflation vum 1,9% oder 2% deelweis elo am Joer 2013 d'Leit kënnen dee Verloscht un Upassung, dee si déi lescht dräi Joer matgemaach hunn, kompenséieren iwwer eng Upassung vun hiren Akommessen, déi iwwert der Inflationssrat vun deene leschten zwielef Joer läit. Och dat, därer ee vläicht soen, gëtt et a kengem anere Land.

Da stellen ech fest, dass am Ausland an esou Situatiounen net geschwat gëtt iwwer Erhéijung vu Mindestlén. Lëtzebuerg wäert säi Mindestloun erhéien. Mir wäerten dat d'nächst Woch hei decidéieren. Ab 1. Januar ginn d'Mindestlén zu Lëtzebuerg eropgesat. Am Ausland ass Austeritéit gläichbedeitend mat Erofsetze vun de Lén, mat Erofsetze vun de Renten. Bei eis wäerten d'Lén an d'Renten do, wou mer en Afloss hunn, weider an d'Luucht goen, net méi an deemselwechte Mooss wéi virdrun, mä si wäerte weider eropgoen. An zu engem gudden Deel, ech kommen dorobber zrëck, wäert et insgesamt kee Kafkraaftverloscht während der Kris hei zu Lëtzebuerg ginn. Dat sinn zumindest d'Zuele vun deene leschte Joren.

Bei eis gi keng Plazen am öffentleche Secteur ofgebaut, wéi dat aner Regierunge maachen. Souguer lénks Regierunge si gezwongen, opgrond vun der Situatioun an eenzelne Länner, op deem dote Wee ze goen. Dat maache mir net beim Stat, an och am gesamtöffentleche Secteur wäert weider agestallt ginn a wäerten och nei Posten entstoen am Laf vun deem nächste Joer. Dofir mengen ech, dass ee mat aller Contestatioun, déi ee kann hu fir déi eng oder déi aner Moossnam, awer soll och d'Realitéit kucken.

De Stater gëtt oft erbäigeholl a leschter Zäit, fir eng Rei vun Theesen ze ënnermauern. Ech hu mer erlaabt, lescht Zuelen hei nozefroen, wat d'global Entwécklung vun der Kafkraaft hei zu Lëtzebuerg ugeet, jo e ganz wichteg Facteur, well mat Recht och eis Partei ëmmer insistéiert, mir misste kucken, esou wäit wéi méiglech an där Kris déi Kafkraaft zumindest vun den ënneschte Kategorie bis an de Mëttelstand eran ze erhalen.

Abee, d'Zuele fir Lëtzebuerg vum Stater beleeën, dass bis elo an deene fënnf Krisejoren - loosse mer se esou nennen -, also vum 2009 bis - Schätzung - dann 2013, insgesamt gesinn déi Kafkraaft hei zu Lëtzebuerg an d'Luucht gaangen ass. D'Kafkraaft insgesamt vun de Lëtzebuerger, dat kann natierlech individuell changéieren an der Situatioun, an där d'Leit sech befannen. Insgesamt gesinn, wat de Revenu disponible ugeet hei, gesäit een, dass déi Kafkraaft hei insgesamt gesi liicht eropgaangen ass, 2013 also liicht méi héich läit, wéi dat am Joer 2008 de Fall war.

Mir haten an de Joren 2010 an 2012 souguer eng relativ däitlech Entwécklung no uewen, mat plus 2% am Schnëtt an deenen doten zwee Joer, a si war wéi gesot - awer vill méi liicht - 2009, 2011 a wahrscheinlech 2013 réckleefeg. Ëm 0,3% géif d'Kafkraaft erofgoen am nächste Joer. Och déi Chiffere géif ech bieden awer ze berücksichtegen, wann ee Kommentare mécht a wann een d'Situatioun vun haut kuckt respektiv d'Politike bewäert, déi elo ustinn.

Ech hu geschwat vun der Approche vun der LSAP, wat d'Budgetpolitik ugeet. Ech wëll och e Wuert soen zu der Approche vun der LSAP, wat d'Fro vun de Scholden a vum öffentlechen Defizit ugeet. Mir stinn zu deem, wat gemeinsam vereinbart ginn ass an enger gewëssener Situatioun, mat allen Nuancen, déi och an där Décisioun deemools dra waren.

Wéi dës Koalitioun ugetratt ass a wéi deen éischte Programme de stabilité vun dëser Regierungskoalitioun ausgeschafft ginn ass - dat war also Enn 2009, Ufank 2010 -, dunn hu mer eis festgeluecht, dass mer 2014 géifen ustriewen, de gesamtstaatlechen Defizit op null ze reduzéieren. Wann ech soen „gesamtstaatlechen Defizit 2014 op null“, wat heescht dat? Dat heescht, dass de Stat eleng nach wäert Defizit féieren, mä dass eben duerch den Iwwerschoss an der Sécurité sociale, haaptsächlech am Pensiounswiesen, et wäert zu engem Équilibre kommen.

Mir hunn och festgeluecht, wat den Effort sollt sinn. Mir hu gesot, do muss wahrscheinlech en Effort gemaach ginn all Joers vun Defizitreduzéierung am Beräich vun 300 bis 400 Milliounen. An et ass gläichzäiteg och gesot ginn a geschriwwen ginn op Bréssel - et ass nozeliesen! -, dass dat doten Zil vum Defizit null fir 2014 an der Hypothees opgestallt ginn ass, dass mer an de Joren 2011 bis 2014 wäerten en duerchschnëttleche Wirtschaftswuesstum hei zu Lëtzebuerg hu vun 3%.

Mir wëssen, dass mer kënnen frou sinn, wann an där doter Period de Wirtschaftswuesstum wäert am Schnëtt bei 1,5% leien, dat heescht, d'Hal-

schent vun deem, wat mer ugeholl hate sengezäit. An et ass och drageschriwwen ginn, dass, wa mer dat net erreechen an éieren nëmmen 2% erreechen, dann ass dat Null-Defizit-Zil 2014 net ze halen. Nozeliesen an den Dokumenter aus där doter Period.

Mir stinn zu deem, wat ofgemaach ginn ass. Mir wëllen eng weider Etapp och virbereeden 2014. Mir sinn awer och der fester Iwwerzeugung, dass dat Null-Defizit-Zil 2014 net ze halen ass an dass et och wirtschaftlech kee Sënn mécht, opgrond vun deene verännerte Wirtschaftsdaten, fir mordicus esou en Zil wëllen d'nächst Joer ze erreechen. En Effort ähnlech wéi dës Joer vun enger Milliard ass d'nächst Joer net nach dropzetässelen. Dat ass reng onméiglech. Dat géif och dee ganz kummerleche Wirtschaftswuesstum, dee mer hunn, definitiv hei zu Lëtzebuerg nach duerch Eegevershëlle mat erofdrécken.

Efforté sinn ze maachen, dat ass ganz kloer, an deene Paragen, wéi se festgehalte waren: 304 Milliounen d'Joer. Dat schéngt eng vernünfteg Linn ze sinn, déi ee sech gëtt. Mä et ass evident, an ech mengen, dass mer herno gemeinsam zu deenen dote Konklusione kommen, wann d'Chifferen emol eng Kéier um Dësch leien. Do sinn ech ganz pragmatesch, an deenen dote Geschichte sinn ech sécher, dass mer gemeinsam wäerten dat dote festleeën.

Et muss ee jo och feststellen, dass all, praktesch all déi aner europäesche Länner hei Ziler, déi si sech och eng Kéier gesat hunn, déi se och Bréssel matgedeelt hunn, een, zwee Joer schonn no hanne gereckelt hunn, respektiv zum Deel souguer mam Accord vun offiziellen europäesche Stellen. Anescht wäert et hei och, denken ech, zu Lëtzebuerg net goen.

Firwat mengen ech, dass ee sollt och hei net a Katastrophismus verfalen? Am Extrait vum Här Eten senger Pressekonferenz, do hunn ech matkritt: „...katastrophal“, „Katastroph!“, also, ech hu geduecht: „Merde, du muss direkt hei vu Lëtzebuerg fortplënnern! Dat Land, dat geet elo wierklech d'Baach eran an deenen nächste Méint.“

(Interruptions)

Wirtschaftswuesstum ass och eng Fro vu Vertrauen. A mir sollten net hei duerch iwwerdrüwend, iwwerzeegt, parteipolitesch motivéiert eigentlech Schlechtmaache vu Lëtzebuerg eis et an där schwieriger Situatioun, wou mer scho sinn, nach méi schwierig maachen. Dofir, mengen ech, soll een ëmmer probéieren, och wann een an der Oppositioun ass probéieren, awer mat Aemooss eigentlech un déi dote Froen erunzegoen an an der Duerstellung och wäitestméiglech awer objektiv ze bleiwen.

Ech wëilt dofir e puer Zuelen och do nach zousätzlech nennen. Ech hu virdru geschwat, mir mussen rasonéieren an Zukunft - Europa verlaangt dat - net an nominale Solde vu Budgeten, mä a strukturelle Solde vu Budgeten. An och do wollt ech dann déi lescht Zuele soen, déi ëmmer esou liicht ënnerginn an den Debatte, wou ee laang muss sichen, fir se op engem Tableau eigentlech och zesummen ze fannen.

Do gesäit een, dass Lëtzebuerg eigentlech, wat de Solde structurel ugeet, well mer momentan e schwache Wirtschaftswuesstum hunn an dat jo mat berücksichtegt gëtt an der Berechnung vum Budgetssold, dass mer eigentlech liicht am Boni leien, dass mer 2011 mam Solde structurel en Iwwerschoss hate vun 0,5%. Dat ass eisen „mid-term objective“, wéi e momentan nach an Europa gëllt - Zil eigentlech erreecht!

2012 - mir wëssen, dass et do zu Dérapage komm ass an eis Efforté fir ze spueren nogeloss haten - wahrscheinlech minus 0,7%. Mä och fir 2013 geet de Stater dovunner aus, no senger leschte Berechnungen - déi kënnen ëmmer nach changéieren, dat wësse mer -, vun engem lichte Plus. Plus 0,2% wär den öffentleche Sold hei zu Lëtzebuerg, de Solde structurel, well mer eben dovunner ausginn, dass mer vläicht nëmmen héchstens 1% Wirtschaftswuesstum wäerten 2013 hunn, sou dass een also och net därer hei iwwerdreiwten an déi aner Säit.

Net minimiséieren, wat d'Schwieregkeeten ugeet: Mir wëssen, dass sech d'Émfeld total amgang ass ze verännern an dass mer eis effektiv mussen nei opstellen, dass mer net kënnen esou weiterfueren an deem Train-train, wéi mer dat elo iwwer laang Jore kannt hunn. Mä ech wiere mech awer och dergéint, dass een alles schlecht mécht a mécht, wéi wa mer wierklech just nach een Zentimeter virun engem risege Lach géife stoen, wou mer all Moment riskéiere géifen dranzefalen. Dat ass net wouer! Dat gëtt och duerch déi objektiv Zuelen hei eigentlech beleucht.

E Wuert och zur Schold. D'Schold ass an eisen Aen a priori näischt Schlechtes an näischt Guddes. Ech mengen, et ass net richtig, fir all

Schold a priori als onsënneg an als schlecht ze betounen. Et si vill Leit, déi Gemengebudgeten ze verwalten hunn, wat jo och öffentlech Budgete sinn, an déi wëssen hoergenau - an am Private geet et jo net aneschtens -, dass een eng Rei vun aussergewöhnlechen Ausgaben een duerchaus kann iwwer Emprunt deelfinanzéieren. Ech soen deelfinanzéieren, net ganz finanzéieren, deelfinanzéieren! A wat eigentlech fir de Privathaushalt, wat fir d'Gemegepolitik richtig ass, ka fir d'Statspolitik net falsch sinn.

Dofir, mengen ech, muss d'Zil net sinn, därer et vläicht souguer aus wirtschaftlechen Ursachen net sinn, fir absolut all zousätzlech Schold ze verbannen. Mä mir brauche sécherlech, an et mécht Sënn fir eng Rei vun Investissementer, wat schwéier Investissementer sinn a grouss national Infrastrukturen, a grouss Netzer, do brauche mer riseg Zommen. An et ass normal, dass net nëmmen déi Leit, déi haut eigentlech Steierzueler sinn, dofir mussen de Kapp hierhalen, mä dass een deelweis déi Investissementer, déi wierklech op Jorzéngte wäerten do sinn, dass een déi och deelweis iwwer en Emprunt mat ofleet op aner Generatiounen.

Déi Politik do, déi hätte mer gären. Eng Politik, déi also, géif ech soen, vernünfteg och mat der Scholdefro ëmgeet, d'Scholden net verdäiwelt, och d'öffentlech Scholden net verdäiwelt, mä se probéiert geziilt anzusetzen.

Et ass awer och gradesou evident, dass mer eis déi nächst Jore Statsbudgete mat 1,5, mat zwou Milliarden zousätzlechen Emprunten all Joers net kënnen leeschten, zemools well mer wëssen, dass den Total vun den Investissementer vum Stat direkt an indirekt bei 1,7 Milliarde läit. Dat heescht, mir sinn also relativ no um Punkt drun, wou mer an d'Situatioun erakommen, dass mer schonn ufänken, net méi Investissementer iwwer Emprunten ze finanzéieren beim Stat, mä wou mer riskéieren unzefänken, reng Fonctionnementskäschten iwwer Emprunten ze finanzéieren.

Dat ass fir d'Gemengen absolut duerch d'Gesetz verbueden. Dat ass och fir de Stat sécherlech net richtig. Dofir, wéi gesot: keng Verdäiwelung, mä awer och kloer gesinn, wéi d'Realitéit ass a plädéiere fir e vernünftegen Émgang mat där Scholdefro do.

Momentan, dat ass ganz kloer, mat deenen niddregen Zënssätz, déi mer zum gudden Deel wéinst dem Triple-A hunn - dofir muss mer och alles maachen, dass mer dee Qualitéitslabel do als Lëtzebuerger Land behalen! -, ass d'Charge vun der Dette nach duerchaus ze erdroen. Si ass, dat ass wouer, dräimol méi héich wéi virum Ufank vun der Kris, beleeft sech op 220 Milliounen. Mä déi 220 Milliounen, déi muss ee jo awer mat engem Gesamtbudget och a Verbindung brénge vu 14 Milliarden.

Sou dass ech soen, dass dat elo verträglech ass bei den niddregen Zënse, mä dass mer do awer och mussen oppassen, dass mer do natierlech och ënner Observatioun stinn an Europa a vun de Ratingagencen, sou dass ee sech do och sécherlech keng Folié kann erlaben. Mä momentan kréie mer dat ganz gutt hei nach gehandelt.

De Budgetsrapporteur huet mat Recht op d'Noutwendegkeet higewisen, Courage ze weisen. Ech mengen, dës Regierung, dës Koalitioun huet Courage bewisen a Froen, wéi virdrun eigentlech nach keng Regierung Courage konnt opweisen. Obwuel eigentlech d'Problematik schonn, zumindest deelweis, bekannt war.

Dat lescht Beispill ass d'Rentereform. Eng Rentereform, déi ech nach wie vor als richtig, als ausgeglach, als zukunftsweisend gesinn, well se ebe scho reagéiert proaktiv, net waart, bis d'Kand am Pëtz läit, mä elo probéiert, effektiv eng gewësse Weichstellung virzehuelen, fir effektiv net egoistesches, net kuerzsiichteg alles dat festzehalen, wat mer haut hunn, mä ze probéieren, manner vläicht ofzewälzen op déi, déi no eis kommen. Dat ass eigentlech déi richtig Politik.

Mir maachen et esou, dass mer hëllefen ofzesécheren an dass mer hëllefen, fir och de Grondfonctionnement vun eise generéise Sozialsystem, op dee mer houfreg sinn, iwwer laang Joren nach kënnen weider ze halen.

Ech géif mer wënschen, dass dës Koalitioun - mä d'Zäit gëtt knapp! - deeselwechte Courage zum Beispill och hätt bei der Reform vun de Gemegefinanzen, wou vill diskutéiert, vill studéiert ginn ass, wou mer elo opgrond vun deene Studien op engem Punkt ukomm sinn, wou Décisiounen mussen kommen, wou Neel mat Käpp gemaach mussen ginn, wéi dat ëmmer esou schéin heescht. De Minister seet, dat wäert kommen. Ech huelen e gäre mam Wuert.

Ech hoffen, dass en effektiv dat doten duerchzitt, well mir wëssen, dass mer hei kee Konsensus wäerte kréien! Hei si mer an engem Punkt

dran, wou jiddweree rechent a wou mer zwar déi hehre Prinzipien op enger Säit hunn an d'Rechemaschinn op där anerer Säit. Besonders schwierig gëtt et elo, déi Reform duerchezéien. Do ass eigentlech déi gutt Fënster verpasst ginn, fir d'Reform ze maachen, an engem Moment, wou d'Gemegefinanze stagnéieren.

Dat wär och e Message, deen ech awer géif un d'Regierung ginn, wou ëmmer nach esou d'Meenung ass: Ma d'Gemengen insgesamt, deene geet et jo am Fong formidabel, a mir als Stat, mir mussen kucken, d'Enner beieenenzekréien.

Et ass wouer: Insgesamt gëtt et héich Reserven. Insgesamt sinn d'Bonié vun de Budgeten och an de Gemengen 2011 - déi lescht Zuelen, mä 2012 och wahrscheinlech - héich. Mä hannernt deem Gesamtbild verstoppe sech ganz verschidden, grondverschiede Situatiounen vun enger Gemeng op déi aner.

Gemengen, déi pro Kapp, heiansdo ouni dass dat iergendwéi mat méi Chargen a méi Besoiné verbonnen ass, dat Duebelt kréie wéi aner Gemengen, dat ass net richtig. Dat muss geännert ginn. Do mussen mer déi Span méi kleng kréien, awer gläichzäiteg selbstverständlech gewëssen national Aufgaben oder regional Aufgabe berücksichtigen, déi déi eenzel Gemengen hunn, déi mer dann ze definéieren an ze chiffréieren hunn.

Ech mengen, op esou enger Basis misst een, wann ee verstänneg ass a wann e Minimum vu Solidaritéit och nach tëschent de Gemenge besteet, kënnen weider rasonéieren.

Mä e Weiderschreiw an enger Krisesituatioun vun där doter Situatioun, dat ass eng Zäitbomm, déi tickt an déi wäert zu déckem Zoff am Gemegesecteur féieren, wann net do eng Reaktioun kënnt.

E puer Chiffere just, fir dat ze ënnermolen. Et ass gekuckt ginn, wat d'Moyenne ass am ganze Land pro Kapp, wat dann esou vum Stat iwwer Bedeelegung u Steieren u d'Gemenge weitergefouert gëtt all Joers. Dat sinn also déi net affectéiert Einnahmen, déi d'Gemenge kréien, déi net direkt op eng bestëmmten Ausgab higéiert sinn. Do muss ee wëssen, dass mer hei zu Lëtzebuerg sechs Gemengen hunn - sechs Gemengen! -, déi iwwert der Moyenne leien. An all déi aner iwwer honnert leien ënnert der Moyenne!

Dat ass d'Verdeelung momentan, wéi dee ganze System vun den Haaptakmesse vun de Gemengen ausgericht ass. Wat mer brauchen, sinn also eng méi gerecht Opdeelung tëschent de Gemengen, méi stabil Finanzéierung fir d'Gemengen, déi méi berechebar sinn, déi wäitestméiglech sollen eigentlech un déi vum Stat ugepasst sinn.

Dann natierlech misst awer och derfir gesuergt ginn, dass, wann nei Aufgaben op d'Gemengen iwwer e Gesetz duerkommen, d'Gemengen awer och dofir kënnen eng Kompensatioun kréien a selbstverständlech och e System hunn, dee konform ass zur Landesplanung, konform ass zum IVL respektiv och deelweis konform ass zum Pacte Logement, wou mer all déi Froen schonn eng Kéier diskutéiert haten.

Well déi doten ongläich Situatioun an den Einnahmen spigelt sech och erëm an de Reserve vun de Gemengen. Do ass een direkte Lien. Et huet also weening mat gudder Haushaltspolitik an de Gemengen ze dinn, dat gesäit ee ganz kloer. Et si genau déi Gemengen - an et ass eng Handvoll -, déi ganz vill net affectéiert Einnahmen vum Stat kréien, déi bei Wäitem déi déckste Reserven hunn. Enorm Reserven!

Dräi Gemengen hei am Land hunn iwwer zwee Drëttel vun de Reserven. An all déi aner Gemengen, déi deele sech de Rescht. Dat heescht, dat Bild, wat ee schonn huet an den eenzelne Budgeten, dat fënnt sech och erëm an de Reserven, dat Spigelbild eigentlech vun der Vergehenheet.

Dofir ginn ech net midd ze soen: Et muss reagiert ginn! Well wann d'Gemengen, och dat gesäit een, grosso modo nach eens gi mam Budget 2013, 2014 komme vill Gemengen net méi mat den Enner beieenen. Da gëtt et onheemlech enk. Da muss onheemlech d'Schold eropgoen oder et kënnt zum Kappe vun anere Punkten, well, dat muss een och gesinn, d'Gemengen net deeselwechte Gestaltungsspillraum hunn, wéi de Stat dat huet.

Bei de Gemengen, zemools deene gréissere Gemengen, do mécht de Personalbudget gutt d'Halschent aus, gutt d'Halschent vum ordinäre Budget. Beim Stat sinn et 20%. Dat heescht, alles, wat sech also op där doter Front mécht, ouni emol ee Posten nei ze schafen, bréngt ebe mat sech, dass et do zu enger praktesch Null-



Marge-de-manoœuvre an anere Politikberäicher kënnt, eleng duerch den Automatismus, deem iwwert deen dote Wee besteet.

Ech wëll och nach eng lescht Zuel nennen. Wann ech vergläiche mam Kont 2011, dat sinn also déi lescht Fixzuelen, an ech kucken elo d'Previsioun fir 2013, dann hunn d'Gemeenge matgedeelt kritt, dass si zimlech genau 2013 mat deene Sue kënne rechnen wéi virun zwee Joer. Dat heescht, 0% derbäi, e kleng Minus souguer par rapport zu 2011. Dem Stat seng Einnahmen, seng lafend Einnahme ginn awer an d'ärselwechter Period, wann ech do de Kont 2011 vergläiche mam Budget 2013, ëm 8% an d'Luucht.

Do ass sech amgaangen eng Schéier ze bilden, déi bedenklech ass a wou et wichteg ass ze reagéieren. Dofir mengen ech, dass et gutt ass, dass déi Fro vun de Gemeengefinanzen an der Diskussioun ass. Si ass vläicht net um richtegen Enn ugepaakt gi vun der Subventionéierung, mä och doriwwer muss ee schwätzen, dat däréi och keen Tabu sinn.

Mä nach wie vor mengen ech, dass et wichteg ass, dass mer dee Blocage, deen iwwer Jore besteet an där doter Fro, ewechkréien an dass mer zerguttst iwwer eng Neigestaltung vun der Steuerlandschaft bei de Gemeenge schwätzen.

► **Une voix.**- Très bien!

► **M. Alex Bodry (LSAP).**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et ass a Moud natierlech, d'Regierungspolitik ze kritiséieren. An de Rapporteur huet et och gesot: Deenen enge geet se ze wäit, deenen anere geet et net wäit genuch. Wat virun allem mer opfällt, ass awer déi Virulenz, mat där eigentlech hei kritiséiert gëtt. Ech mengen, ech gesti gären an, dass munches an der Virbereedung vun den Décisiounen, munches och an der Kommunikatioun vun deenen Décisiounen net esou gelaf ass, wéi dat wünschenswäert gewiescht wär. Dat muss een hei frank a fräi agestoen.

Ech mengen awer nach wie vor, wann ech d'Resultat elo kucken a wann ech d'Haupt-, déi grouss Chiffere kucken, déi eis hei virleien, dass d'Resultat awer richtig ass an dass mer eis elo eng Aarbechtsmethod och ginn, fir déi nächst Joren eng Radiografie ze maachen an deenen eenzelne Politikberäicher, eng Evaluéierung ze maachen, wat mer scho jorelaang froen, vun deenen eenzelne Moossnamen, déi d'Regierung hält, fir kënne och déi richtig Décisioun ze huelen an déi och rationell no bausse kënne weiderzeverméttelen. Dat ass d'Aufgab, mengen ech, op déi Politik ze kucken.

Ech hu bis elo gespëtzt, ech si virwëtzeg, wat nach kënnt an Alternativen. Ech hunn dem Här Meisch hei nogelauschtert. En huet viles ugekënnegt: „Mir wäerten...“, mir mussen...“, mä dat alles sinn allgemeng, onverbindlech Id-dié gewiescht, déi jiddweree vläicht an där enger oder anerer Form hei kéint soen.

D'Regierung ka sech deen dote Luxus net leeschten. An des Koalitioun ka sech dee Luxus net leeschten a si huet sech dee Luxus net gelescht, bei allgemeng verbindlechen Aussoen (veuillez lire: bei allgemengen, onverbindlechen Aussoen) ze bleiwen, fir Niwwelbommen hei ze zünden, wou kee Mënsch weess, wat sech hannendru verstoppt.

D'Regierung huet Faarf bekannt mat enger Rei vu Moossnamen, wou keng populär ass! Wou keng populär ass! Dat wësse mer. Mir maachen dat jo net, well mer eis wëlle wéidoen, well mer de Leit wëlle wéidoen, well mer net frou mat de Leit wäeren. Mä mir maachen dat, well mer dat an deem Moment als eng richtig Äntwert emfannen.

Mir mengen och, dass mer et ronnbruecht hätten, an der leschter Mouture vun dem Steuerpak besonnesch, en Équilibre hierstellen och

tëschen Privatleibbesteuerung a Besteuerung vun de Betriber, deen eis wichteg war.

Mir mengen, dass mer et fäerdegbruecht hunn, déi ënnescht Schichten, déi kleng Leit - déi si fir mech emol fir d'Éischt wichteg, da kucke mer no de Mëttelschichten -, déi kleng Leit schadlos ze halen, wat all déi Moossnamen ugeet, déi mussen getraff ginn, fir eis öffentlech Finanzen hei am Gläichgewicht ze halen.


Ech hätt mer haut erwaart, et géif méi Konkretes komme wéi dat allgemengt Geplätschers, wat mer schonn x-mol héieren hunn, wat hei virgefouert ginn ass. Ech erkennen hei keng valabel Alternativ zu deser Koalitioun an deser Regierungspolitik, déi hei gemaach gëtt. An dofir wäert d'LSAP-Fraktioun och geschlossen dese Budget stëmmen.

Merci.

► **M. le Président.**- Merci dem Här Bodry. Domadder wär d'Riednerlésch fir de Moien erschöpft a mir géifen de Mëtteg um zwou Auer virufuere mat de Budgetsdebatten.

D'Sitzung ass opgehuewen.

(Fin de la séance publique à 11.25 heures)



Présidence: M. Laurent Mosar, Président • Mme Lydia Mutsch, Vice-Présidente

Sommaire

6497 - Projet de loi portant modification

- de la loi modifiée du 4 décembre 1967 concernant l'impôt sur le revenu;
- de la loi modifiée du 16 octobre 1934 concernant l'impôt sur la fortune;
- de la loi générale des impôts modifiée du 22 mai 1931 («Abgabenordnung»);
- de la loi modifiée du 30 juin 1976 portant 1. création d'un fonds pour l'emploi; 2. réglementation de l'octroi des indemnités de chômage complet;
- de la loi modifiée du 22 décembre 2006 promouvant le maintien dans l'emploi et définissant des mesures spéciales en matière de sécurité sociale et de politique de l'environnement;
- de la loi modifiée du 12 février 1979 concernant la taxe sur la valeur ajoutée;
- de la loi modifiée du 30 juillet 2002 déterminant différentes mesures fiscales destinées à encourager la mise sur le marché et l'acquisition de terrains à bâtir et d'immeubles d'habitation (suite)

6500 - Projet de loi concernant le budget des recettes et des dépenses de l'État pour l'exercice 2013 (suite)

- *Discussion générale commune (suite): M. François Bausch (dépose une motion, interventions de M. Fernand Boden et de M. le Ministre Luc Frieden, M. Marc Spautz pose une question, M. Xavier Bettel intervient), M. Gast Gibéryen (M. Luc Frieden et M. Camille Gira posent des questions; M. Luc Frieden intervient, M. Camille Gira, M. Luc Frieden et M. Félix Braz interviennent, M. Robert Weber pose des questions), M. Serge Urbany, M. Michel Wolter (M. Gast Gibéryen et M. Jean-Marie Halsdorf interviennent), M. Fernand Etgen, M. François Bausch (M. Robert Weber pose une question)*

- M. Luc Frieden, Ministre des Finances

- Vote sur l'ensemble du projet de loi 6497 et dispense du second vote constitutionnel

- Vote sur l'ensemble du projet de loi 6500 et dispense du second vote constitutionnel

- Vote sur la motion 1 modifiée (adoptée)

Au banc du Gouvernement se trouvent: Mme Mady Delvaux-Stehres, MM. Luc Frieden, François Biltgen, Mars Di Bartolomeo, Jean-Marie Halsdorf, Claude Wiseler, Mme Octavie Modert, MM. Romain Schneider et Etienne Schneider, Ministres.

(Début de la séance publique à 14.03 heures)

► **M. le Président.**- Ech maachen d'Sitzung op.

Huet d'Regierung eng Kommunikatioun ze maachen?

(Négation)

Dat schéngt net de Fall ze sinn.

Mir fueren dann de Mëtteg viru mat der Diskussioun iwwert d'Budgete respektiv iwwert de Projet de loi 6497. Ech hu fir de Mëtten nach ageschriwwen folgend Riedner: déi Häre Bausch,

Gibéryen, Urbany, Wolter an Etgen. Als éischte Riedner haut de Mëtteg kritt dann elo den Här François Bausch d'Wuert. Här Bausch, Dir hutt d'Wuert.

6497 - Projet de loi portant modification

- de la loi modifiée du 4 décembre 1967 concernant l'impôt sur le revenu;

- de la loi modifiée du 16 octobre 1934 concernant l'impôt sur la fortune;

- de la loi générale des impôts modifiée du 22 mai 1931 («Abgabenordnung»);

- de la loi modifiée du 30 juin 1976 portant 1. création d'un fonds pour l'emploi; 2. réglementation de l'octroi des indemnités de chômage complet;

- de la loi modifiée du 22 décembre 2006 promouvant le maintien dans l'emploi et définissant des mesures spéciales en matière de sécurité sociale et de politique de l'environnement;

- de la loi modifiée du 12 février 1979 concernant la taxe sur la valeur ajoutée;

- de la loi modifiée du 30 juillet 2002 déterminant différentes mesures fiscales destinées à encourager la mise sur le marché et l'acquisition de terrains à bâtir et d'immeubles d'habitation (suite)

6500 - Projet de loi concernant le budget des recettes et des dépenses de l'État pour l'exercice 2013 (suite)

Discussion générale commune (suite)

► **M. François Bausch (déi gréng).**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, véier Joer Wirtschaftsa - a Finanzkris hunn däitlech Spuren an de Lëtzeburger Statsfinanzen hannerlooss. Déi direkt Käschten duerch des Kris schloen zu Buch duerch steigend Sozialausgaben, virun allem bei de Chômage-Indemnitéiten, déi méi héich mussen ausbezuelen ginn. Héich Bäiträg, déi mer hu misse bezuelen, fir Banken ze retten, an och Risiken, déi mer nach droen duerch Garantië bei enger Bank.

Ech wëll drun erënneren, datt mer d'lescht Joer am Kader vum Budget eng Statsgarantie vun 2,7 Milliarden - also „mir“, Dir hutt déi gestëmmt; mir hu se net gestëmmt - gestëmmt hu fir d'Dexia, fir datt d'BIL kéint aus der Dexia erausgeholl ginn. Dat sinn 2,7 Milliarde Statsgarantien, wou de Moment eis, loosse mer soen, nach näischt kascht hunn, mä eis nach ëmmer kënne eppes kaschten.

Mä d'Kris huet och dozou gefouert, datt eis Steiereinnahmen, eis Recetten zrëckginn. Si kennzeechen sech awer och duerch stagnéierend oder falend Realléin. An natierlech och duerch déi schlecht Konjunkturlag kréie mer manner Recetten eran, well d'Benefisser vun de Betriber, net all, mä mindestens awer deelweis, zrëckginn.

Wann een eleng d'Mehrausgabe fir de Stat duerch de steigende Chômage kuckt, da gesäit ee schonn, wéi séier a wéi rapide datt verschidden Dépense geklomme sinn. Mir haten 2008 nach e Chômage vu 4,8%, am Joer 2012 leie mer bei 6,1%. De Budget 2011 huet de Chômage eis nach 536,7 Milliounen kascht, am Budget 2012 waren et der scho 638,1 an d'Previsioun fir 2013 läit bei 682,6 Milliounen.

Dat heescht, hei ass awer och nach ze soen, datt dat éischter, géif ech emol soen, nach optimistesche Schätzunge si fir d'Finanzen, well heiranner si sécherlech net agerechent den Aarbechtsplatzofbau, deen zum Beispill kënnt bei der KB, bei der Cargolux oder anere Betriber, déi de Moment net ganz gutt dostinn, soudatt een dovun aus ka goen, datt déi Previsioun fir 2013 vu 682,6 Milliounen éischter méi héich wéi méi niddreg wäert ausfale vun Dépensen.

Da gesäit een, datt de Mehrkäschtepunkt bei de Chômage-Indemnitéiten also tëschen, eleng tëschen 2011 an 2013 146 Milliounen Euro pro Joer ausmécht. Dat sinn enorm Onkäschten, déi, wéi gesot, mam steigende Chômage verbonne sinn.

Lëtzebuerg, de fréiere Musterschüler am PIB-Wuesstum an der EU, ass bei dem Wirtschaftswuesstum uerg ënnert d'Rieder geroen an dat huet natierlech déck Répercussione sougutt op den Emploi wéi och op d'Recettésäit beim Stat. Wann een d'Wuesstumsmoyenne kuckt tëschen 1995 an 2008, do hate mer eng Wuesstumsmoyenne vu 6%, tëschen 2008 an 2013 komme mer nach knapp op 1% an der Moyenne, mat souguer engem Joer derbäi, wou mer Minuswuesstum haten, also wou mer am Minus louchen.

Ganz signifikant a problematesch ass fir eis awer, datt zënter zwee Joer mer souguer hannernt engem vun eise gréissten Nopeschlänner leien, an zwar deem, wou mer och déi wichtigst Handelsbeziungen hunn, Däitschland. Zënter zwee Joer leie mer, wat de Wuesstum ugeet, hannert Däitschland. Do muss ee laang zrëckkucke goen an der Geschicht, fir dat ze fannen. Wann ech kucken, 2012 hat Däitschland e Wuesstum vun 0,8%. Mir leie virausiichtlech bei 0,4%. Fir 2013 ass an Däitschland e Wuesstum prognostizéiert vun 0,8%. Mir wäerten do bei 0,7% leien.

Dat heescht, dat ass schonn en alarmant Unzeechen, datt zu Lëtzebuerg zënter 2008 d'Welt sech wesentlech geännert huet par rapport zu deene 15 oder souguer 20 Joer virdrun.

Niewent den direkten Effekter vun der Kris schleefe mer awer och nach eng ganz Rei strukturell Problemer mat eis erëm, déi en net onwesentlechen Effekt op d'Statsfinanzen hunn. Des hunn och näischt mat der Kris ze dinn, mä d'Kris huet se just méi siichtbar gemaach.